


# SYNERGIE*

41

MEE 2017

DE REGIONALMAGAZIN ATERT-WARK

MUSHROOM
MUSÉE DE L'ARDOISE
YOUTH2SING
KLIMA JEDI CAMP
INFOSTUFF
ENERGIEATELIER
OP DER SCHOCK
MANUKULTURA
MËTTELALTERFEST
KLIMAPAKT
VUN DER ATERT
CUBE 521
MAISON DE L'EAU

Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"




# PackUp Home

Recevez vos envois chez vous, sans vous

Ne vous déplacez plus, votre commande vous attend
chez vous, à l'emplacement de votre choix !

Inscription gratuite sur www.eservices.lu

www.post.lu • 8002 8004

POST LUXEMBOURG

# SOMMAIRE



Cover: Gîte Touristique d'Useldange

4 IWWERNUECHTEN AN ENGEM "MUSHROOM" ZU USELDENG

6 EIN GEBURTSTAG IN SCHIEFERSTEIN GEMEISSELT



8 YOUTH2SING CHOUERGESANK RELOADED AM RÉIDENER KANTON!

10 KLIMA JEDI CAMP

12 INFOSTUFF



14 NATURNAHES GÄRTNERN MIT OP DER SCHOCK

16 SIMBA RÉGINE - ENG SELBSTÄNNEG INFIRMIÈRE AM DÉNGSCHT VUM CLIENT


18 NEI! D'GARAGE NEU



20 AWEIUNG VUM COIFFERS-SALON AM CENTRE D'ACCUEIL POUR DEMANDEURS DE PROTECTION INTERNATIONALE

22 KLIMATEAM KANTON RÉIDEN

24 JEMP SCHUSTER E PUER GEDANKEN IWWERT D'DEMOKRATIE



25 FIRWAT NET ENG NOHALTEG VAKANZ?

27 FIRWAT GEHEIEN DI GROUSS LEIT DAT ALLES AUS DER FËNSTER?

29 VUN DER ATERT KONFERENZ: MECHT MODERNT BROUT KRANK?

30 BILAN VUN DE WAASSERDEEG



32 AKTIVITÉITE VUM WAASSERHAUS

34 MANUKULTURA

35 USELDENG AM MËTTELALTER



36 CUBE 521

38 NUIT DU SPORT

38 AGENDA

## IMPRESSUM

**RÉDACTION, DIRECTION ARTISTIQUE, ILLUSTRATION, MISE EN PAGE & SUIVI DE PRODUCTION**
Art & Wise s.à r.l.

**EDITEUR RESPONSABLE**
Art & Wise s.à r.l.

**IMPRESSION**
Imprimerie Reka s.a.
Imprimé sur papier Cocoon Offset
100% recyclé

**RENSEIGNEMENTS & RÉSERVATIONS**
T +352 23 62 43-20 - F +352 23 62 43-29
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution: juillet 2017
Clôture annonce: fin-juin 2017
Tirage: 11.155 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



ENG PREMIÈRE FIR D'TOURISTEN ZU LËTZEBUERG!

# IWWERNUECHTEN AN ENGEM "MUSHROOM" ZU USELDENG

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
www.reidener-kanton.lu

De Syndikat Intercommunal "De Réidener Kanton" an d'Gemeng Useldeng hunn sech eng flott Iddi ausgeduecht, fir méi Touristen an eise wonnerbare Westen ze lackelen. D'Angebot hei am Land ass grouss, deemno war et d'Erausfuerderung fir eppes ze fannen, wat eenzegaarteg ass!



Rieds goung ëmmer vun engem Gîte Touristique (Vakanzewunneng), déi op Useldeng komme sollt, dat bei der Ancienne Tannerie. De Projet gouf opgedeelt: d'Gîtë fir de Réidener Kanton an d'Ëmbaue vun der Ancienne Tannerie fir d'Gemeng Useldeng. Zesummen si vill spannend bis skurril Iddien ausgeduecht ginn. Um Enn ass ewer de Projet vum Iwwernuechten an engem MushRoom zréckbehale ginn. MushRoom heescht Champignon, deemno eng Kummer an engem Champignon? Klengt verréckt, ass et och, an dat ass och gutt esou. Touriste sinn ëmmer nees op der Sich no aussergewéinleche Plaze fir z'iwwernuechten. Da sinn se elo hei beschtens zerwéiert.

D'Pläng si prett a elo soll et dann och scho lassgoe mat Bauen.

Am Summer, nom Congé Collectif, ginn dann 3 där MushRoom's fir 2-4 Persoune gebaut, an e Gîte Touritique mat Terrasse op d'Atert fir 20 Persounen, ganz am Holz. Zousätzlech kommen nach 2 Suiten, esou wei och eng flott Brasserie fir 40 Persounen an d'Ancienne Tannerie mat:

- engem Breakfast-Room vu ronn 44 m$^2$
- engem Sall fir Receptiounen a Konferenze fir Maximum 99 Leit
- enger professioneller Kichen

Um Niveau vun den Suiten hu mer: 1 Schlass-Suite fir 2-4 Persounen 1 Famillje-Suite mat 2 Zëmmere fir 4 Persounen.

Se sinn esou geplangt, dat een se matenee kombinéiere kann. Donieft ass och en Zëmmer (Gîte) rollstullgerecht ageriicht. Wat Iech bestëmmt och interesséiert ass wien dann elo d'Gestioun vun der Brasserie an dem Gîte iwwerhëlt: D'Häre Mathieu Marc et Risch Raoul.

Fir d'Saison 2018 soll dann alles prett si fir d'Touristen an eiser Regioun z'empfänken. T'ass och nitt verbuede fir selwer Tourist ze spillen.

**Well mol éierlech, kribbelt et nitt fir eemol am MushRoom z'iwwernuechten?**

Selbstverständlech päilt een och e puer Labelen un:
Bed+bike - Ecolabel - Tourisme pour tous au Luxembourg
Vermaart gëtt de Site vum Office Régional du Tourisme Guttland









LEADER Regioun Atert-Wark präsentéiert

# EIN GEBURTSTAG IN SCHI

## 25 Jahre - D'Frënn vun der Lee a.s.b.l. - Haut-Martelange

**WERDEN SIE MITGLIED**

Überweisen Sie 10 € auf das Konto der Frënn vun der Lee a.s.b.l.

CCPLLULL LU60 1111 1201 9007 0000

4 x im Jahr erhalten Sie gratis die Vereinszeitschrift "De Leeköppert"

Melden Sie sich, wenn Sie Interesse haben, Guide zu werden oder sich an den Arbeiten zu beteiligen.

Info:
**www.ardoise.lu**

**MUSÉE DE L'ARDOISE**
Maison 3 I L-8823 Haut-Martelange
T +352 23 640 141 I info@ardoise.lu

Am 2. April 1992 wurde die Vereinigung D'Frënn vun der Lee/Les Amis de l'Ardoise asbl gegründet. Im Zusammenhang mit der Planung des Naturparks Obersauer kam es anfangs der 90ger Jahre zu einer Bewusstseinsbildung rund um erhaltenswerte Kulturgüter der Region. Es lag auf der Hand, vergessene Kulturschätze zu bergen, sie aufzuarbeiten und für die Zukunft neu zu verwerten. Unabhängig vom hehren Ziel der Denkmalpflege, sollte die Bevölkerung Nutzen davon ziehen können und für eventuelle Einschränkungen im Natur- und Wasserschutz entschädigt werden.

Das Thema Schiefergruben fand schnell begeisterte Anhänger. Sie schlossen sich in dem Verein D'Frënn vun der Lee zusammen. Gemäß ihren Satzungen sieht der Verein seinen Zweck in der Erforschung der Schieferindustrie, der Sammlung von Material sowie dem Einsatz zum Erhalt der Schiefergrubendenkmäler. Vermittlung und die Kommunikation rund um das Kulturgut Schieferindustrie stellt einen wichtigen Baustein dar. Es war demnach ein ausgesprochener Glücksfall, dass die früheren Schiefergruben von Obermartelingen 1993 in öffentliche Hand übergingen und entschieden wurde, das Gelände in ein Schiefermuseum umzuwandeln. Die Frënn vun der Lee wurden mit der Verwaltung beauftragt. Seither ist es dem Verein möglich, Forschung und Kommunikation auf dem außergewöhnlichen Museumsgelände zu vereinen.

Heute zählen die Frënn vun der Lee 420 Mitglieder, davon 45 die im Laufe des Jahres aktiv werden und mithelfen. Die Aufgaben, die die Freiwilligen erledigen, sind so vielfältig wie ihre Vorlieben und die Arbeiten die anfallen: von Denkmalpflege, Forschung, Gleisarbeiten und Zugfahrten bis hin zu Maurerarbeiten, Pflege der Gartenanlagen und geführten Besichtigungen. Die Verwaltung, der Unterhalt und die Entwicklung des Schiefermuseums nimmt im Moment den größten Teil der Freiwilligenarbeit in Anspruch. Im Jahr 2016 wurden 3.325 Besucher im Schiefermuseum gezählt.

Geöffnet ist das Museum zwischen April und November jederzeit auf Anfrage für Gruppen. Daneben ist der erste Sonntag im Monat zwischen Mai und Oktober von 14h00 bis 18h00 offen, damit Besucher frei über das Gelände spazieren können. Am 1. Mai fährt im Museum der Industriezug zwischen 14h30 und 18h00. Eine geführte Besichtigung findet an all diesen offenen Nachmittagen um 15h00 statt. Das neu eingerichtete Bopebistro lädt zu einer Erfrischung und zum Verweilen ein. In der Haupt-







# EFERSTEIN GEMEISSELT

saison, in den Monaten Juli und August, ist das Museum außerdem mittwochs und sonntags mit einer Führung um 15h00 zugänglich. Seit den Anfängen können Schülergruppen Een Dag op der Koll im Schiefermuseum erleben. Auch für Geburtstagsfeiern der Kinder und für Familienfeste eignet sich das Museum mit seiner schönen Parkanlage rund um die Villa und das Jagdhaus der früheren Besitzerfamilie Rother.

Ein Highlight im Jahreskalender ist das Kulturfestival Koll an Aktioun: Am Pfingstwochenende steht das Schiefermuseum in der Tat Kopf. Mit Musik, Animationen und alternativen, regionalen Produkten geht es bunt und kulturell lebhaft zu in dem sonst oft stillen Nest Obermartelingen.

Am letzten Novemberwochenende, lässt der Weihnachtsmarkt und später die Borbelfeier das Jahr im Schiefermuseum ausklingen.

## INFORMATIOUNS-KESCHT:

**Le Musée de l'Ardoise 2017 est ouvert:**

- pour groupes sur réservation
- 1er dimanche du mois: 14h à 18h - visite guidé à 15h
- juillet & août: mercredi et dimanche - visite guidé à 15h
- fêtes d'anniversaire & de famille sur réservation
- 1er mai 14h30 à 18h, tour en train - visite guidé à 15h
- 3 & 4 juin: festival Koll an Aktioun
- 24 au 26 novembre: Marché de Noël

## UNE FÊTE D'ANNIVERSAIRE TAILLÉE EN ARDOISE

### 25 ANS – LES AMIS DE L'ARDOISE A.S.B.L.
HAUT-MARTELANGE

*Le 2 avril 1992, l'asbl Les Amis de l'Ardoise fut fondée. Des personnes intéressées autour du thème de l'ardoise se réunirent en effet dans une association avec le but de conserver le patrimoine ardoisier de la Grande Région. Ce fut une grande chance que le site exceptionnel des anciennes Ardoisières de Haut-Martelange passa peu après en main publique. Par la suite, les Amis de l'Ardoise furent chargés de la reconversion du site industriel en Musée de l'Ardoise. De cette façon, ils reçurent le privilège de pouvoir réunir recherche et communication dans une même institution.*

*Aujourd'hui l'association compte 420 membres dont 45 actifs. Les travaux bénévoles reflètent la multitude, la diversité et la complexité des tâches à prendre en compte: travaux de restauration, travaux au réseau du train industriel, maçonnerie, élagage et alentours, visites guidées etc. Le gros du travail bénévole est actuellement investi dans la gestion, l'entretien et le développement du Musée de l'Ardoise. En 2016, 3325 personnes ont visité le site.*

# YOUTH2SING

## CHOUERGESANK RELOADED AM RÉIDENER KANTON!



Dir sidd interesséiert?
Da schreift Iech an op
**www.inecc.lu**

Musical4Teens - Hei gi jugendlech Sänger vu 16 Joer un ugesprach, déi sech fir de Sologesang interesséieren an d'Musical-Repertoiren ausprobéiere wëllen. Proposéiert gëtt en intensive Musicalworkshop vu 4 Deeg, dat 1 mol d'Joer während 3 Joeren.

Mat Professionellen aus dem Beräich (Gesangslehrer, Dramaturgen, Choreographen) kréien se en individuelle Kur am Sologesang a Schauspill, esou wéi och Gruppenunterrecht a Musekdramatik, Danz an Ensemblegesang. Donieft kréien se e Virtrag an e méi déiwen Abléck an d'Geschicht vum Musical.

D'Zilsetzung vun dësem Workshop ass et fir besonnesch talentéiert Sänger, Schauspiller an d'Dänzer z'entdecken an hinnen eng adequat Färderung zoukommen ze loossen.

# MUSICAL4TEENS

Du séngs am allerléifste Musical, stees gären op der Bühn an hues Loscht eemol intensiv mat engem internationalen Team vun Dozenten ze schaffen, da mell dech u fir eise Casting den 6. Mee, a präparéier 1 Musicalsong au choix.

## 7.-10. Juni 2017

am Atert - Lycée Redange

**Musicalstage / Musical Academy**

16 - 25 Joer

Musicalstage vu 4 Deeg mat internationalen Dozenten
Eenzel- a Gruppecoursen am Sologesang, Schauspill, Danz an Ensemble

Präis: 120 €

Bedingungen: www.inecc.lu





Sologesang / chant individuel:
Jean-Jacques Rousseau



Schauspill / art du spectacle:
Marie-Christiane Nishimwe

Danz / danse: Mona Allgaier
Korrepetition / corrépétition: Marc Mangen
Chouer a Leedung vum Stage / choeur et direction du stage: Andy Loor

Tu adores chanter de la comédie musicale, tu aimes être sur scène et tu as envie de travailler intensivement avec une équipe de professeurs internationaux, alors inscris-toi pour notre casting et prépare un morceau au choix du genre de la comédie musicale.

## 7-10 juin 2017

au Atert - Lycée Redange

**Stage de comédie musicale**
**Musical Academy**

16 - 25 ans

Stage de comédie musicale de 4 journées avec des professeurs internationaux. Cours individuels et en groupe de chant, d'art du spectacle, de danse et d'ensemble.

Prix: 120 €

Conditions: www.inecc.lu

LEADER Regioun
Atert-Wark präsentéiert

# KLIMA JEDI CAMP



2017, Erde, Sonnensystem Alpha Centauri. Es herrscht Krieg um Öl. Auf der geliebten Erde sterben jeden Tag Tier- und Pflanzenarten aus. Das reichste 1% der Menschheit besitzt mehr als der gesamte Rest. Der Anteil von $CO_2$ in der Erdatmosphäre ist momentan über 400ppm. Viele Menschen haben aufgegeben und konzentrieren sich nur noch auf ihre Smartphones. Es gibt jedoch einige Rebellen, die das wichtigste Projekt der Galaxie nicht aufgeben möchten. Werde ein Klima-Jedi und mache mit bei einem Training, um unseren Planeten nicht unumkehrbar zu verändern, und uns zusammen auf den Weg in eine nachhaltige Zukunft zu wagen.

**CELL - CENTRE FOR ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG**
1, Leewelerwee ı L-8523 Beckerich ı jedi@cell.lu

**MEHR INFOS ÜBER CELL:**
www.cell.lu
Facebook: Luxembourg in Transition, CELL Gruppe, Äerdschëff,...)

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.





## 2017 SUMMER-AKTIVITÉIT

fir Jugendlecher ab 15 Joer

Wéi funktionéiert nohalteg a lokal Liewensmëttelproduktioun?

Wat sin erneierbar Energien?

Wat kann ech géint de Klimawandel maachen?

Wéi funktionéiert d'Natur?

Wéi kënne mir gudd nohalteg liewen?



### 17.-.28. Juli 2017

Jeweils Montag-Freitag von 9-16 Uhr

CELL Beckerich 1, Leewelerwee L-8523 Beckerich

Für Anmeldungen (bis 15.05.2017) und Rückfragen:
jedi@cell.lu oder 691 643 124

Mindestteilnehmerzahl: 15 junge Jedi (Begeistere Deine Freunde!)

Unkostenbeitrag: 200 €

**Unser Klima-Jedi Training bietet dir:**

- Verstehen von den Zusammenhängen zwischen Ökologie und Wirtschaft
- Entdecken von verschiedenen interessanten Projekten in Beckerich und Umfeld
- Praktische Workshops
- Neue Kontakte
- Zugang zu einer großen Bibliothek und Online-Ressourcen Datenbank
- Zusammen kochen, Lagerfeuer machen und das Leben genießen



D'Equipe vun der InfoStuff:
Patrice, Marc, Caroline, Marc & Pierre

INFO STUFF
ENERGIE WAASSER KLIMA

www.energieatelier.lu
www.attert.com
www.klima.lu

**INFOSTUFF - VOTRE POINT D'INFORMATION**
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert

# INFOSTUFF

## Wat ass d'InfoStuff?

Nieft dem Energieatelier ass och d'Waasserhaus (Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.) an d'Beroderin fir de Klimapakt mat op déi nei Adress geplënnert. Fir deem neie Büro eng Identitéit ze ginn, déi deenen 3 Associatioune gerecht gëtt, hu mir him de **Numm InfoStuff Energie-Waasser-Klima** ginn.

**Wat mécht d'InfoStuff?**

Mir informéieren iwwert sämtlech Waasser-, Energie-, Ëmwelt- a klimarelevant Thematiken wéi Reewaassernotzung a pestizidfrei gärtneren, Bauen a Renovéieren, Mobilitéit an Offallvermeidung. Zousätzlech gëtt ee bei eis alles iwwer staatlech a kommunal Subside gewuer. An dat alles GRATIS.

**Info and more stuff?**

Zënter dass mir geplënnert sinn, kritt Dir bei eis, nieft allen Informatiounen, verschidde Fachbicher ze léinen a kleng Artikelen ze kafen ewéi Loftqualitéitspréifer, Solargadgeten, spuersam Duschbrausen, Bicher, Blummewisensoom, ... Kommt einfach laanscht op eiser neier Adress, loosst Iech gratis beroden a kuckt Iech eis flott Artikelen un, déi mir an der Vente hunn.

**Eng cool Iddi déi d'Welt verbessert?**


Kommt bei eis an erzielt eis äer Iddi. Egal ob aner Leit Iech fir verréckt oder geckeg halen, soulaang äer Iddi eppes domadder ze dinn huet, eis Welt eng Grimmel besser ze maache, sidd Dir eis Fra oder eise Mann.

**"Braucht Dir Energie, dann kommt bei eis gratis tanken"!**

Dir fuert elo scho mat engem E-mobil? Dir braucht e bëssi gréng Stroum? Mir hunn 2 Tankstellen hannert dem Gebai. Mellt Iech bei eis an Dir kënnt Iech gäre bei eis uschléisse kommen.

Et ginn also eng Hellewull Argumenter fir bis an d'Infostuff laanscht ze kommen.

Mir freeën eis op äere Besuch.
D'Equipe vun der InfoStuff




ENERGIEATELIER a.s.b.l.
**INFOLINE GRATUITE:** T +352 26 62 08 01
www.energieatelier.lu - info@energieatelier.lu

MAISON DE L'EAU DE L'ATTERT a.s.b.l.
**INFOLINE GRATUITE:** T +352 26 62 08 08
www.attert.com - maison.eau@attert.com

KLIMATEAM KANTON RÉIDEN
**INFOLINE GRATUITE:** T +352 26 62 08 01 22
www.klima.lu - caroline.schmit@reidener-kanton.lu

# Grouss Aweiungsparty 20 Joer Réidener Energieatelier op eiser neier Adress



## SAVE THE DATE
## Freideg 7.7.17

vu 19:30 Auer un um Parking hannert dem Energieatelier 43, Groussgaass zu Réiden

Mellt Iech un op:
info@energieatelier.lu

Programm vum Owend:

- 18h00 offiziell Inauguratioun mat de politesche Responsabelen
- 19h00 Éierewäin offréiert vun der Gemeng Réiden
- 19h30 grouss Aweiungsparty vun der InfoStuff mat Musek (DJ Pinboxx), Iessen a Gedrénks
- 00h00 ee neien Dag fänkt un



# 1997 2017
## JOER RÉIDENER ENERGIEATELIER

„...UND KARL DER KÄFER WURDE DOCH GEFRAGT!“ 

# NATURNAHES GÄRTNERN MIT OP DER SCHOCK






Text: Julia Schrell
Fotos: ©Fotoatelier ODS

Sie sprießen und wachsen schon fleißig in den großen Gewächshäusern der Gärtnerei, die auf dem parkähnlichen Gelände der Op der Schock a.s.b.l. & s.c. am Ortsrand von Redange stehen. Sie tragen würdevolle Namen wie Euphorbia, Heliotropium oder Laurentia axillaris und strahlen in den prächtigsten Farben. Die Rede ist von den mittlerweile über 13.000 Beet- und Balkonpflanzen, die jährlich dort gezüchtet werden, die ganz stolz das Label „OUNI PESTIZIDEN“ tragen dürfen und die im hauseigenen Laden verkauft werden.

*„Die Idee, pestizidfreie Pflanzen zu züchten, hat eigentlich ihren Ursprung im Schutz unserer Leute“*, erklärt Steve Muller, der die Verantwortung und die Leitung der Gärtnerei unter sich hat. „Unsere Leute“, das sind Menschen mit einer geistigen Behinderung, die bei Op der Schock in einem festen Arbeits- oder Ausbildungsverhältnis stehen und bei der Produktion der Pflanzen mitarbeiten. Gerade wegen ihrer Behinderung müssen diese Menschen im Umgang mit Chemikalien o.ä. besonders geschützt werden. So entstand also vor vielen Jahren bereits der Wunsch nach pestizidfreien Pflanzzüchtungen und nach einer hundertprozentigen biologischen Unkrautbekämpfung.

Dass man hierbei auch Karl, Maja und vielen anderen kleinen Freunden einen überlebenswichtigen Gefallen tut ist mehr als nur ein erfreulicher Nebeneffekt. Die Warnmeldungen vom großen Bienensterben, Allergien aller Art und umweltschädlichen Folgereaktionen kann man überall hören, lesen und sehen. Wir sind mittendrin und beschäftigen uns immer intensiver mit diesen Themen – auch aus Eigeninteresse und Selbstschutz. Um die Bevölkerung darüber zu informieren und wachzurütteln war die Luxemburger Umweltberatung (EBL) mit vielen Veranstaltungen im Rahmen der „Internationalen Woche ohne Pestizide“ im März dieses Jahres präsent.

Naturnahes Gärtnern im eigenen Heim ist ein Trend, den immer mehr Menschen und besonders Eltern gerne im Garten und auch auf dem Balkon übernehmen. Doch, was bedeutet eigentlich genau „pestizidfreie Pflanze?“ Als Spritzmittel verwendeter Brennesselsud ist doch auch eine Art Pestizid, wenn man so will. Nach Gesprächen mit anderen luxemburgischen Produzenten und der EBL hat man sich auf die Definition geeinigt, dass pestizidfreie Pflanzen „frei von chemisch-synthetischen Pestiziden“ sein müssen.

... OUNI PESTIZIDEN

Op der Schock

**OP DER SCHOCK ASBL ET SC**
34a, Route de Reichlange I L-8508 Redange
T +352 26 62 93-1 I info@ods.lu
www.ods.lu I facebook.com/opderschock

MADE IN LUXEMBOURG



*„Die Aufzucht von pestizidfreien Pflanzen erfordert mehr Arbeit und Pflege"*, erläutert der erfahrene Gärtner von Op der Schock. *„Wir kontrollieren in unserer Gärtnerei die heranwachsenden Pflanzen täglich, damit wir sie – im Falle eines Befalls, wie zum Beispiel Blattläusen – sofort und punktuell mit biologischen Spritzmitteln behandeln können."* Außerdem brauche man für die Aufzucht dieser Pflanzen mehr Geduld und Zeit als bei herkömmlichen Pflanzen. Die Gewächshäuser würden nicht so stark geheizt, die Pflanzen wüchsen also langsamer und wären dadurch resistenter gegen Schädlinge aller Art.

Geheizt wird in dieser Gärtnerei übrigens mit einem kleinen Nahwärmenetz, welches an die hauseigene Holzhackschnitzelanlage angeschlossen ist. Gewässert werden die Pflanzen ausschließlich mit Regenwasser, Pflanztöpfe werden von einem Produzenten bezogen, der dafür recyceltes Plastik benutzt und die von den Gemeinden zurückgebrachten Töpfe verwenden die Gärtner wieder.

Jean-Luc Godelet ist bei Op der Schock für den Service Instandhaltung und Pflege im Landschaftsgartenbereich und in den Gemeinden zuständig. Unterstützt von den Zwillingen Kim und Lynn geht er mit seinen drei Teams, in denen 12 Menschen mit geistiger Behinderung mitarbeiten, täglich in den Gemeinden rund um Redange auf Tour, um Wege sauber zu halten sowie Grünzonen und zahlreiche Gärten von Privatpersonen zu pflegen. *„Vom Rasenmähen über Heckenschneiden, Unkraut zupfen und Pflanzberatung ist bei den Aufträgen alles dabei"*, erzählt Jean-Luc Godelet, *„aber immer mehr Menschen lassen sich von uns auch im Bereich Naturnahes Gärtnern beraten. Organische Düngemittel, wie Kompost oder Pferdemist statt Stickstoffdünger, weniger Rindenmulch und weniger Steinflächen, stattdessen wieder auf die üppig-blühenden Bauerngärten zurückkommen und die Natur einfach mal machen lassen"*, das empfiehlt und das wünscht sich der engagierte und passionierte Landschaftsgärtner.

In der Gärtnerei ist man derweil fleißig am Experimentieren. *„Wir wollen versuchen, keine torfhaltigen Böden mehr für unsere Pflanzungen zu benutzen, um die Moorgebiete zu schützen. Im Moment führen wir Tests mit anderen natürlichen Materialien durch, die den Torf ersetzen könnten"*, so Steve Muller.

Und für unsere prächtigen Sommerpflanzen ist es nun bald soweit: die ersten Kunden bringen bereits ihre Balkonkästen zum Säubern in die Gärtnerei und lassen sie dort auch dann gleich fachmännisch bepflanzen. Und im Mai wird der heimelige Laden von Op der Schock an drei Samstagen zusätzlich geöffnet sein, um den Kunden das umfangreiche Angebot zugänglich zu machen, denn neben den eigenen Züchtungen von Balkon- und Kübelpflanzen bietet die Gärtnerei auch eine Auswahl an Gräsern und Stauden sowie ein Grundsortiment von Küchenkräutern. Außerdem kreiert das Floristen-Team wunderschöne Bouquets und Blumen-Gestecke. Der Sommer kann also loslegen…



# SIMBA RÉGINE ENG SELBSTÄNNEG INFIRMIÈRE AM DÉNGSCHT VUM CLIENT

Portrait vum Simba Régine.

Info:

**www.sur.lu**

D'Régine ass zënter 15 Joer mat Häerz a Séil Infirmière. No sengem Diplom huet hatt während 3 Joer an enger grousser Klinik geschafft, wou hatt seng éischt Erfahrunge sammele konnt a sech mat de komplexen Techniken am Fleegesecteur konnt ausernee setzen. D'Vertraue wat him vun de Patienten a vun de Mataarbechter entgéint bruecht ginn ass, huet et gestäerkt a motivéiert op dem Wee virun ze goen. Déi nächst Etappe a senger Carrière waren 2 Joer an engem Centre de Convalescence: *"Obwuel d'Direktioun an d'Personal sech immens beméit huet, dat Bescht aus de Contrainten an eisem Metier ze maachen, war ech nitt zefridde mat der Manéier, wéi d'Pensionären hu missten engem gemeinschaftleche Rhythmus nogoen. Jiddwereen huet Recht op säin eegene Rhythmus a soll deen och liewe kënnen. D'Manéier wéi eis Aarbecht gemaacht muss ginn, ëmmer séier séier, ouni sech wierklech Zäit fir de Patient kënnen ze huelen, ass wäit ewech vu mënschlech. No bal 5 Joer Zécken, hunn ech dunn awer mäi Courage an de Grapp geholl a mech als agreéiert Infirmière selbstänneg gemaacht."*

Dat sinn elo 10 Joer hir. D'Régine hat an der Stad säi Cabinet opgemaacht a féiert deen zanterhier mat vill Erfolleg. De roude Fuedem a senger Aarbechtsweis: De biologesche Rhythmus an dem Client seng Gewunnechte respektéieren. Dozou d'Régine: *"Dat verlaangt Zäit an déi huelen ech mir. Deemno sinn ech och 7/7 Deeg, 24/24 fir meng Clienten do. Den „Zäitkont" gëtt och zesumme mam Client beschwat an esou opgedeelt, wéi dat erwënscht ass. Dozou wëll ech och soen, dat ech meng Clienten esou behandelen, wéi ech mir wënsche behandelt ze ginn. Dir dierft net vergiessen, ech kommen aus enger afrikanescher Famill wou vill Memberen ënnert engem Daach liewen, vum Puppelche bis bei d'Urgroussmamm oder Papp. Do ass den Halt an de Support an der Famill eng Selbstverständlechkeet – en Atout deen ech ka viruginn."* Säi Konzept kënnt un. Et konnten och séier weider Leit agestallt ginn. Mir proposéieren alles vum Verband, Injektiounen, Baxter, Bluttprouwen, iwwert d'Stäip doheem bis bei d'Garden.

A Propos Afrika, d'Régine betount: *"Ech sinn 1997 vu Ruanda geflücht a sinn hei zu Lëtzebuerg mat oppenen Äerm empfaange ginn. Dir kënnt Iech net virstellen, wéi dankbar ech menge lëtzebuergesche Frënn sinn. Et ass mir dofir ëmsou méi eng éier, dem Land eppes kënnen zréckzeginn."*

Um Niveau vun der Weiderbildung huet d'Régine nach en zousätzleche Master an der Gerontologie gemaacht, dat op der Uni Lëtzebuerg: „An dem Beräich léiert ee ni aus. Ech hunn och, leider, ëmmer méi jonk Clienten, déi u Kriibs oder Parkinson erkrankt sinn oder ënner rare Krankheete leiden. Dorënner sinn der eng Partie, déi op Alternativmedezin setzen. Esou hunn ech vill bäigeléiert vun den Ëmweltmedeziner a vu menge Patienten dat an de Beräicher Homeopathie an Ernährung. "

Déi alldeeglech Erfahrungen hunn d'Régine dann och motivéiert un enger Formatioun ze schaffen, vun där Mënsche profitéiere kënnen, déi Clienten doheem versuergen.

Firwat elo dëse Portrait an der Synergie, wann d'Régine an der Stad schafft? Dozou déi selbstänneg Infirmière: *"Ma ech sinn oft hei am Eck wéinst menger Famill an enger Partie Clienten. Ech fille mech immens wuel hei an der Regioun a géif mech deemno gären hei nidderloossen, wann d'Aarbecht mir dat erlaabt?"*

**MME SIMBA RÉGINE**
Agreéiert vun der Krankekeess
T +352 26 18 73 10
T +352 691 30 85 84
www.sur.lu



# NEI! D'GARAGE NEU

Portrait vum Pascal Neu vun Iewerleng.

De Pascal Neu, genannt Nutz, ass gebierteg vun Habscht. En ass och nitt grad onbekannt do...well déi Saach mat der Mechanik ass him carrement an d'Wéi geluecht ginn. Säi Papp hat d'Fordgarage um Kräizerbuch.



Do huet de Pascal dann och, no senger Léier als Debosseleur an der Fordgarage um Kierchbierg, als Mecanicien geschafft bis dat de Papp an d'Pensioun gaangen ass. An och an der Fräizäit, dat scho vu Klengem un, huet de Patrick seng Zäit bei de Baueren um Haff verbruecht fir un de Maschinnen ze schrauwen an och selwer matzefueren. De Gedanke fir sech selbststänneg ze maache koum nitt direkt.

Fir d'éischt ass et mol fir e Joer op d'Goodyear gaangen. *"Dat war awer nu guer nitt meng Welt. Schichte schaffen, du gesäis keng Sonn op-, an ofgoën. Dat hunn ech nitt ausgehalen. Niewelaanscht hunn ech awer ëmmer de Kollegen an de Noperen hir Autoen a Motoe gefléckt. Dat huet sech och nitt geännert wéi ech du meng Plaz beim Demi Schandler krut, wou ech als Mecanicien ugefaangen hunn a mëttlerweil Chef vum Atelier sinn. Den éischte Gedanke fir mech selbststänneg ze maache koum, well ech iergendwann einfach ze vill Geschir hat, an och e groussen Deel vu mengem Papp iwwerholl hat. Wat gefehlt huet war d'Plaz. A fir dann eng grouss Garage oder Hal ze loune just fir d'Geschir ënner Daach ze tässelen a niewelaanscht ze koschteren, dat ass jo Quatsch. Also huet missten eng Entscheedung getraff ginn."*

Fir déi passend Plaz ze fannen, war manner komplizéiert wéi ufanks geduecht. Den éischte Versuch goung wuel an d'Box awer deen 2. Versuch...dat war carrement Léift op den éischte Bléck. Deemno war d'Bauerenhaus mat grousser Scheier zu Iewerleng laanscht d'Atert an 10 Minutte kaaft. De Patrick huet dann och eege Pläng gezeechent, fir seng Garage genee sou anzeriichten an ëmzebaue wéi hien sech dat schonn ëmmer gewënscht huet. T'ass och richteg investéiert ginn: *"...an e moderne Bremsepréifstand, deen um neiste Stand vun der Technik ass. An dann hunn ech och e super Luuchteregléierapparat, fir déi aktuell an zukünfteg modern Scheinwerfer."*

D'Garage Neu ass elo prett fir nei Clienten z'empfänken. Et ka lassgoen: *"Ech wéilt op dëser Plaz awer mengem Patron, dem Joel Schandler villmools Merci soen. Hien huet mir et erméiglecht, mäin Dram z'erfëllen andeems ech flexibel Aarbechtsstonne krut. Ech kann sou laang do schaffen, bis dat ech op eegene Féiss stinn! Deemno sinn ech den Ament all Dag an der Woch vu Méindes bis Freides vun 13h-18h30 op an da nach Samschdes Moies. Ären Auto ass bei mir a gudden Hänn. Ech sinn ären eenzegen Uspriechpartner a këmmere mech ëm Revisiounen, Pneuen a Stockage, Klimaanlag, Bremsen, Kupplung, Distributioun, Auspuff, ... hei ass de Patron um Wierk a këmmert sech ëm alles vun A-Z!"*

Wéi beschriwwen, de Pascal ass e Geheimtipp a seng nei Garage gutt verstoppt (zu Iewerleng lénks laanscht d'Kierch). Awer bestëmmt nitt méi laang. T'kann een de Pascal iwwregens och a Beki bezuelen!

**GARAGE NEU**
5, am Eck
L-8715 Iewerleng
T +352 621 288 632




The Original
LONSDALE
LONDON
TEXTAR

# AWEIUNG VUM COIFFERSSALON AM CENTRE D'ACCUEIL POUR DEMANDEURS DE PROTECTION INTERNATIONALE

Den 20. Mäerz 2017 war d'Aweiung vum Coifferssalon am "Centre d'Accueil pour demandeurs de protection internationale" (DPI) zu Réiden am Foyer Félix Schroeder vum Roude Kräiz Lëtzebuerg.



**Studio Creation by TC**
12, rue de Boevange
L-8707 Useldange
T +352 26 61 06 20

**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
www.reidener-kanton.lu

Dëse Projet entstoung aus der Zesummenaarbecht vun der Ekipp Sociale vum Roude Kräiz a vum Aktiounsgrupp "De Réidener Kanton hëlleft", déi et allebéid fäerdeg bruecht haten, eng Partie Leit dozou ze bewegen, de Fraen aus dem Foyer e grousse Wonsch z'erfëllen.

De Coifferssalon offréiert de Fraen e gemitterlecht Réckzugsgebitt, wou se sech an aller Rou noeneemaache kënnen. Dat geet vun afrikanesche Frisuren, iwwer Brushing bis bei Coupen, realiséiert vu benevole Coiffeusen, déi dëst fräiwëlleg ubidden. Donieft proposéieren sinn och verschidde punktuell Atelieren iwwert Schminken, Ästhetik, etc.

Während der Aweiung sinn dann och schonn déi éischt Frisuren ugebuede ginn. Et war och e Moment, wou d'Fraen aus dem Foyer, d'Coiffeusen an d'Membere vum "De Réidener Kanton hëlleft" sech konnten austauschen.

*"Ech wéilt gäre léieren Hoer schneiden!"* sou d'Ausso vum Colette, Afrikanerin. D'Coiffeuse Theresa hat et bei sech geruff, an him e puer Technike gewisen. *"Ech si faszinéiert wéi Dir déi afrikanesch Trëtze maacht!"* sou d'Coiffeuse, an d'Mehret, gebierteg aus Ethiopien, hat sech als Model ugebueden. Sou koum et dann zu engem RDV, fir hir Kompetenzen auszetauschen.

Mir si glécklech festzestellen, dat mir eise Frae Freed bereede konnten, dat duerch déi éischt benevole Coiffeusen Theresa a Christa vum Useldenger Salon "Studio Coiffure", déi hinne gratis Coiffuren a Rotschléi um Niveau vu Soinen ubidden.

*"Wie gëtt, dee kritt! Dat ass eis Devise"*, esou déi zwou Schwësteren Theresa a Christa. *"T'ass eis eng grouss Freed fir eis z'engagéieren. Mir kennen dat Gefill Näischt ze hunn, och mir kommen aus enger Emigrantefamill. Wësse wéi an d'Uneegne vu Kompetenze stäerkt d'Selbstwäertgefill. Mir sinn dervun iwwerzeegt, dat en äusserlecht Changement de Fraë kraaft gëtt sech weider z'entwéckelen a no vir ze kucken. Mir sinn houfreg e Bäitrag leeschten ze kënnen."*



# INAUGURATION DE L'ESPACE COIFFURE AU CENTRE D'ACCUEIL POUR DEMANDEURS DE PROTECTION INTERNATIONALE

Le 20 mars 2017 a eu lieu l'inauguration de l'espace coiffure au centre d'accueil pour demandeurs de protection internationale (DPI) au foyer Félix Schroeder de la Croix-Rouge luxembourgeoise à Redange/Attert.

Ce projet s'est réalisé grâce à la collaboration de l'équipe sociale du centre de la Croix-Rouge et le groupe d'action "De Réidener Kanton hëlleft" qui ont su motiver différentes personnes à apporter leur aide en faveur des résidentes du foyer.

L'espace coiffure va offrir un coin confortable pour faire des coiffures africaines, réaliser des coupes et brushings par le biais de coiffeuses professionnelles qui se portent bénévoles ainsi que pour organiser des ateliers ponctuels sur des thématiques comme l'esthétique, le maquillage, etc.

Lors de l'inauguration, les premières coupes ont été réalisées et les premiers échanges ont eu lieu entre les résidents, les coiffeuses et les membres du groupe "De Réidener Kanton hëlleft".

*"J'aimerais bien apprendre à couper"*, dit Colette, d'origine africaine, à la coiffeuse Theresa qui l'invite à s'approcher et lui montre quelques techniques. *"Je suis fascinée comment vous faites les tresses africaines"*, répond Theresa. Mehret, d'origine éthiopienne, se propose comme modèle. Theresa et Colette fixent un rendez-vous pour partager leurs compétences mutuelles.

Nous sommes heureux de constater la joie des résidentes du foyer à pouvoir bénéficier des conseils de soins et de coupes gratuites grâce à nos deux premières bénévoles, Theresa et Christa coiffeuses professionnelles du salon "Studio Coiffure".

*"Donner pour recevoir c'est notre devise"*, s'expriment les deux sœurs Theresa et Christa. Nous sommes contentes de nous engager car nous savons ce que ça veut dire "ne rien avoir" étant donné que nous venons aussi d'une famille d'émigrants. *"Acquérir ou exercer une compétence ou un savoir-faire renforce l'estime de soi. On est sûr qu'un petit changement coquin donne la force aux gens d'évoluer et d'aller de l'avant. On est fières de contribuer."*, soulignent-elles.

**APPELL UN D'COIFFEUSEN A COIFFEUREN**

Fir dat dës nei Initiative sech zum beschten entwéckelt, mam Objektiv d'Demandeurs d'Asile aus dem Foyer zu Réiden z'ënnerstëtzen, mécht de Grupp "De Réidener Kanton hëlleft" e waarmen Opruff un all professionell Coiffeusen a Coiffeuren aus der Regioun, fir sech dëser Saach unzeschléissen. Spend e wéineg Zäit fir déi Mënschen, déi sech a kriddeleg Situatioune befannen.

Meld lech. Dir sidd häerzlech Wëllkomm. Sief zu gudder Läscht betount, dat mir och gäre Beautyproduiten a soss Material fir dës Zwecker unhuelen.

Foyer Felix Schroeder
13, rue de Reichlange
Redange
T +352 27 55 54 32

***APPEL AUX COIFFEUSES ET COIFFEURS***

*Afin de pouvoir réaliser au mieux cette nouvelle initiative, qui a pour objectif de pouvoir soutenir les demandeurs d'asile du centre de Redange, le groupe "De Réidener Kanton hëlleft" se permet de faire un appel aux coiffeuses professionnelles de la région à se joindre à notre initiative en donnant un peu de leur temps et de leur compétence au bénéfice des personnes en situation de précarité.*

*Toute personne désireuse de se joindre à notre initiative est la bienvenue. Nous sommes preneurs de tout produit de beauté et coiffure afin de pouvoir mener à bien notre projet.*




# COMPLET! RISEN ERFOLLEG VUM FILM-OWEND DEMAIN!

Den Atert Lycée Réiden, d'Biekerecher Millen, CELL, den EnergieAtelier an de Klimapakt haten den 10. Mäerz op de Film-Owend "DEMAIN" an den Atert-Lycée invitéiert.



Ufanks wollt een e klenge Sall reservéiere, mä d'Demande wor sou grouss, dat een am leschte Moment op de grousse Sall vum Lycée zréckgegraff hat. An do wore praktesch all d'Still bis an déi leschte Rei besat. Dat mécht nitt nëmme Freed, mä och Courage.

De Film Demain, vum Cyril Dion a Mélanie Laurent weist Léisungen op di aktuell ekologesch, ekonomesch a sozial Krisen. Acteuren an Initiativen gi gewisen, déi an de Beräicher Energie, Wirtschaft, Ernährung, Educatioun an Demokratie hire Beitrag leeschte fir eng méi nohalteg, gerecht, gesond a glécklech Welt.

No dësem Film, dee mir lech absolut rekomandéieren, sinn dem Public eis lokal „Helden" an hier Initiativen virgestallt ginn. Oofschléissend gouf et e Patt & Fingerfood, esou wéi och eng séllechen Diskussiounen an Austosch.



# EIS LOKAL HELDEN AUS DEM RÉIDENER KANTON







## LIEWENSMËTTEL

**Patrick François**, motivéierten an talentéierte Bauer vun Hueschtert. Hie produzéiert exzellent Fleesch, Weess an ass engagéiert an der Saatgutvermehrung.

**Thessy Klein**, passionéiert Geméisgäertnerin a Patronne vum Biekerecher Geméisgaart. Hei kann een 1 mol d'Woch an der Hal (Eller Wee) säi Geméiskuerf siche goen a bezuelen nom Prinzip vun der AMAP.

**Ingrid van der Kley**, Administrateur Delegué vun der Kooperative Vun der Atert. Verschidde Projete sinn hei an der Entwécklung mam Zil vun enger autonomer Liewensmëttelversuergung an der Regioun an Zesummenaarbecht mat Produzenten a Konsumenten.

## ENERGIE

**Gérard Anzia**, President vum EnergieAtelier, zënter 20 Joer äre Berodungsbüro fir all är Energiefroën!

**Anne Thommes-Franziskus**, Biergerin aus der Gemeng Useldeng déi en aalt Haus zum gréissten Deel selwer, zesummen mat hirem Mann, ekologesch renovéiert huet.

**Daniel Bourgeois**: Expert, Formateur & Beroder am ekologeschen a nohaltege Bau. Seng Firma heescht Andaholtz mat Sëtz zu Holtz: „Nohalteg Bauen ass net nëmme gutt fir eis Äerd, mee och fir eis Gesondheet!"

## EDUCATIOUN

**Claude Boever**, Direkter vum ALR: "Ausbildung mat Zukunftsperspektiv!"

**Romain Kugener**, Schoulmeeschter vu Kietscht: "Mir produzéieren Hunneg, planze Geméis am Schoulgaart un a verkafen et um Rammerecher Maart!"

**Elisabeth Ney**, Gerant vum Musée Thillenvogtei: "Kucken, lauschteren, upaken, fillen, probéieren, richen, schmaachen a selwer maachen an der Thillenvogtei!"

**Marcel Barros**, Earthship Projet: "Mir bauen ee komplett energie-autarkt Haus mat regionalen, natierlechen a recycelte Materialien nieft dem Atert Lycée."





## DEMOKRATIE

**Laurent Schaus**, Techniker vun der Gemeng Ell & Member am Klimateam: "D'Klimateam ass eng flott Méiglechkeet fir sech als Bierger aktiv fir méi Klimaschutz anzesetzen. Am Klimateam kann een Decisiounen an nei Iddien an d'Gemengepolitik afléisse loosen."

**Jemp Schuster**, Schrëftsteller, Kabarettist, Theaterregisseur: liest w.e.g. Säit 24.

**Katy Fox**, Grënnerin vu CELL: "CELL benotzt a sengem Entscheedungsprozess eng systemesch Method, déi sech Soziokratie nennt an d'Demokratie ee Schratt weider denkt: dës berout op engem Konsenzprinzip an dorop, dass all d'Memberen duerch eng kollektiv Intelligenz Matverantwortung fir d'Wuelbefanne vun der Organisatioun als Ganzes wéi och fir all Eenzelen entwéckelt."



## WIRTSCHAFT

**Marc Neu**, President vum Kär: "Mam Regionalgeld Beki déi lokal Ekonomie ënnerstëtzen an esou d'Suen & d'Aarbechtsplazen an der Regioun behalen!"

**Gérard Zoller**, Direkter vu Peinture Robin: "Mir versiche mat natierleche Faarwen a regionale Ressourcen eise Bäitrag fir eng nohalteg Gesellschaft ze leeschten!"

**Paul Kauten**, Administrateur-Délégué vun Energipark Réiden s.a., Eida s.a an der Koperativ Energy Revolt s.c.: "Zanter 2000 hu mer an de Beräicher vun den erneierbaren Energien an dem Energiespueren ronn 12 Aarbichstplazen zesumme mat engem héigen Knowhow opgebaut. Wichtig dobäi ass, dass d'Projetën nohaltig sinn an an der Regioun een ekonomische Méiwäert schafen."

**Nicole Fisch**, Direktesch Op der Schock: "Inclusioun vu Mënsche mat enger Behënnerung an d'Aarbechtswelt mat der Produktioun vu Keramik, Käerzen, Blummen, Gebeess, Zosen,..."




Komm Spuer Mat
KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL "DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu I www.klima.lu

# E PUER GEDANKEN IWWERT D'DEMOKRATIE JEMP SCHUSTER

Am Film "Demain" gëtt gesot, Indien wier déi gréisst Demokratie vun der Welt. D'Majoritéit vun den Inder huet awer keng Rechter.



Jemp Schuster - Mäerz 2017

Anerer si méi schlecht drun. Déi mussen an enger Oligarchie liewen, wéi d'Russen, oder an enger Theokratie, wéi d'Amerikaner, (déi hu jo elo en neien Härgott kritt), an enger Diktatur, wéi d'EU, wou alles vu Bréissel aus diktéiert gëtt, oder an enger Autokratie, wéi d'Leit aus dem Kiischpelt, wou scho 40 Joer laang deeselwechte Kinnek regéiert.

Gottseidank ass Lëtzebuerg keng Demokratie, mä eng kathoulesch parlementaresch Monarchie mat engem Oh du douewen deem seng Hand. Eemoleg op der Welt! An duerfir wëllen a musse mir och bleiwe wat mer sinn.

Ech sinn elo ofgedriwwen, e wollt mer jo Gedanken iwwert d'Demokratie maachen. Wat ass dat dann?

**De Begrëff kënnt aus dem Griicheschen, dat weess all Kand: Demos = d'Vollek, a Kratos = d'Muecht oder d'Herrschaft.**

Woura besteet dann déi Muecht vum Vollek?

Doran, datt mir all 5 Joer bestëmmen duerfen, u wee mer eis sougenannte Muecht ofginn, fir datt déi Gestëmmten duerno mat eiser Stëmm kënne regéieren. Mir mussen da 5 Joer laang de Bak halen, an de Stëmmche spillen, a si mussen sech déi Muecht andeelen. Et geet elo net drëm, fir alles am éischten Äifer opzebrauchen.

Déi Gestëmmte brauchen op d'mannst 1 Joer fir sech un déi Muecht ze winnen. Am 2. Joer mussen s'äis dann erklären, wéivill Mëscht a Mëssbrauch déi gemeet hunn, déi mer virdru gewielt haten. Dann, am 3. Joer gi mer gewuer, wat se wëlles hunn, nach an dëser Legislaturperiod ze maachen. Am 4. Joer kéinten se endlech ufänken ze regéieren, awer elo ginn se sech bewosst, datt mir jo an engem Joer schonn erëm untriede wäerten, fir driwwer ofzestëmmen, ob mer si nach wëllen oder net. Wéinst der Demokratie. Doduerch kréien eise gewielte Vertrieder dann am 5. Joer eng honnertprozentesch parlamentaresch Lähmung.

Eng Demokratie ass deemno gutt gemengt awer schlecht gemeet, well onheemlech vill Zäit verluer geet, ier sech iergendeppes beweegt. Eng Demokratie ass näischt anescht wéi eng Diktatur mat Verfallsdatum.

An da gëtt et jo nach déi, déi sech alternativ demokratesch nennen. Dat sinn déi schlëmmst, well déi mengen, se kéinten iwwerall draquaken, awer se missten iwwer näischt nodenken. Woumat sollten se dat och maachen?

Et hu ganz gescheit Leit sech scho viru mir Gedanken iwwert d'Demokratie gemeet. Hei sinn der e puer, déi ech wéilt zitéieren.

De Willy Brandt sot: Demokratie duerf net esou wäit goen, datt an der Famill driwwer ofgestëmmt gëtt, ween de Papp ass.

Oder de Benjamin Franklin: Demokratie ass, wann zwéi Wëllef an ee Schof driwwer ofstëmmen, wat et zu Mëtteg z'iesse gëtt.

De Sir Winston Churchill soll emol gesot hunn: Demokratie ass déi schlechst vun alle Staatsformen, mat Ausnahm vun all deenen aneren, déi vun Zäit zu Zäit ausprobéiert gi sinn.

Ech wéilt mech deem uschléissen an et esou ausdrécken: Demokratie ass déi schlechst vun alle Staatsformen, awer ech ka mer keng besser virstellen.

# FIRWAT NET ENG NOHALTEG VAKANZ?

Wousst Dir, dass 2017 dat Internationaalt Joer vum nohaltegen Tourismus ass? Den Tourismus huet sécherlech ee grousst Potenzial fir d'Liewensbedingunge vu ville Mënschen a méi aarme Regiounen a Länner ze verbesseren a sou den Zieler fir nohalteg Entwécklung - de Sustainable Development Goals (SDG) - vun de Vereente Natioune (UN) méi no ze kommen.


Source: Twitter.com/UrlaubundNatur

Den Tourismus dréit awer leider och oft zur Iwwernotzung vu Ressourcen (z.B. Waasser), zur Klima-Erwiermung (z.B. duerch de Fluchverkéier) an zur Verschmotzung (z.B. Offall) vun der Natur bäi.

Wéi kann ech méi nohalteg reesen?

- De gréissten Energie-Opwand an der Vakanz geet op de Konto vum **Transport**. Besonnesch di ëmmer méi heefeg a méi laang Fluch-Reesen schueden eisem Klima, well d'Ofgasen an den übleche Fluch-Héichten eng 4-fach Treibhaus-Wierkung hu par Rapport zum Buedem. **Fir Destinatiounen ënner 1000 km, am beschten den Zuch huelen!** A wa Fliger, dann wa méiglech d'Emissiounen kompenséieren (op myclimate.lu, atmosfair.de...)!
- Firwat ëmmer wäit fort, wann et am noen Europa och vill spannend Plazen z'entdecke ginn? Wéi wier et mat enger Iesel-Wanderung an de franséische Séi-Alpen, enger Vëlostour laanscht d'Musel oder enger kulinarescher Spadséier-Vakanz am wonnerschéine Piemont (Norditalien)?
- Am beschten Hotellen oder Schlof-Méiglechkeeten eraussichen, déi **nach a lokalen Hänn sinn a wou d'Suen an der Regioun bleiwen**, also keen All-Inclusiv ;-)! Ëmmer méi Hotellen a Pensiounen leeë Wäert op ee schounenden Ëmgang mat eise Ressourcen (Waasser, Energie, Offall,...) an op regional a biologesch Liewensmëttel. Ëmfrot lech!
- Recherchéiert sou vill wéi méiglech iwwer är Destinatioun: Geschicht, Kultur, Natur, Gewunnechten,... fir ee Gefill fir Land a Leit ze kréien! Firwat net e puer Wieder vun der Sprooch léieren? Probéiert di lokal Spezialitéiten a notzt di lokal Offeren!
- Respektéiert d'Natur an d'Mënschen, sou wéi Dir et och doheem géingt maachen!

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL**
**"DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu I www.klima.lu

**WÉI NOHALTEG REESEN ECH?** TEST OP DER SÄIT 26

# TEST: WÉI NOHALTEG REESEN ECH?

**1. Dëst Joer soll et op d'Côte d'Azur goen! Wéi kommt Dir dohinner?**

- a ☐ Natierlech mam Zuch, ech genéisse mer Zäit fir d'Rees ze huelen.
- b ☐ De Fliger, wat soss? Alles anescht dauert jo eng Éiwegkeet!

**2. Léiwer Palmen oder ee Liicht-Tuerm um Strand?**

- a ☐ Ee Strand ouni Palmen ass kee Strand!
- b ☐ Ee Liicht-Tuerm muss sinn! Mat Wand, Méiwen, d'Wolleken,...

**3. A mengem Hotelszëmmer leeft d'Klimaanlag ....**

- a ☐ Dauernd – wéi soll ech soss bei deenen Temperaturen iwwerliewen??
- b ☐ Nie – ech ginn jo dowéinst an de Süden fir et richteg waarm ze hunn!

**4. Groussen All-Inclusive-Hotel oder kleng charmant Pensioun?**

- a ☐ Vill léiwer eng kleng perséinlech Pensioun mat regionaler Kichen an där vun Eenheemeschen gekacht gëtt!
- b ☐ An engem All-Inclusive weess ech dass ech dat kréien, wat ech vun doheem gewinnt sinn an et komme keng Iwwerraschungen op!

**5. Wéi kommt Dir an d'Noopesch-Duerf an der Vakanz?**

- a ☐ Mam Vëlo oder ze Fouss. Et deet gutt sech e bëssen ze beweegen!
- b ☐ Mam Auto! Och an der Vakanz däerf ee keng Zäit verléieren!

**6. Buffet oder Bodega? Wou iessen ech am léifsten an der Vakanz?**

- a ☐ Buffet ass genial – et gëtt alles wouvun ech dreemen an ech ka mech richteg sat iessen
- b ☐ Bodega – et ass mäin Hobby kleng Restauranten ze sichen, wou een authentesch Platen kritt

**7. Croisière an d'Karibik oder Vëlostour laanscht d'Loire?**

- a ☐ Croisière an der Karibik, do brauch ech mech net vill ze beweegen, d'Schëff mécht dat fir mech
- b ☐ Vëlostour laanscht Loire, ech genéissen et d'Landschaften intensiv um Vëlo ze erliewen

**8. Heli-Ski oder Laang-laf am Wantersport?**

- a ☐ Heli-Ski ass "pure Action" a gëtt mir den ultimative Kick
- b ☐ Laanglaf, ass vill manner opwenneg a manner Stress

**Rechent är Punkten zesummen:**

| 1 | | 2 | | 3 | | 4 | | 5 | | 6 | | 7 | | 8 | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| a | b | a | b | a | b | a | b | a | b | a | b | a | b | a | b |
| 2 | 1 | 1 | 2 | 1 | 2 | 2 | 1 | 2 | 1 | 1 | 2 | 1 | 2 | 1 | 2 |

**Tëschent 8 an 10 Punkten?**
Klima-Aspekter spille bei Iech an der Vakanz eng Niewe-Roll.
**Tëschent 11 an 14 Punkten?**
Di sidd um gudde Wee ee nohaltegen Tourist ze ginn! Weider esou!
**15 oder 16 Punkten?**
Bravo! Dir sidd een Expert am nohaltegen Tourismus!

**Opléisung a Gewënner vum leschte Klimapakt-Quiz!**

D'Léisungswuert vum Quiz aus der leschter Synergie (N°40) ass "**Natur**". 38 vun Iech hunn dat richtegt Léisungswuert erageschéckt.
Dës Kéier hu gewonnen:
**Sonja Weydert** vu Colmar-Bierg a **Bob Kasel** vu Biekerech
Si gewannen allen zwee d'Buch "Das geheime Leben der Bäume" vum Peter Wohlleben!



Save-the-Date: 25. Juni 2017

## Mat Genoss duerch de Wëlle Westen
## E Kulinaresche Vëlostour am Atertdall

De 25. Juni organiséiert d'Klimateam vum Réidener Kanton ee kulinaresche Vëlostour! Op 5 Statiounen a 5 verschiddene Gemengen kritt Dir regional, biologesch Produkter servéiert!

Fir méi Info & Umellung: www.klima.lu oder 26 62 08 01!



## Info-Versammlung iwwer Solaranlagen & Energie-Gesellschaften

Den 29. Mäerz huet de Syndikat Intercommunal vum Réidener Kanton zesumme mam Réidener EnergieAtelier op eng Versammlung am Préizerdaul invitéiert fir iwwer Solar-Energie an Energie-Gesellschaften z'informéieren. 60 Awunner aus eisem Kanton hunn de Wee an de Préizerdaul fonnt a kruten all hir Froen iwwer d'Solaranlagen beäntwert.



## Visite op de Bio-Häff vum Patrick François zu Hueschtert a Charly Goedert zu Osper

D'Klimateam vum Réidener Kanton huet am Januar an am Abrëll op eng Visite vun 2 Bio-Häff invitéiert. D'Participanten sinn während dëse Visiten villes iwwer biologesch Fleeschvéi-Haltung gewuer ginn a konnten bei engem waarme Schocki oder Béier d'Diskussiounen weider féieren.

# FIRWAT GEHEIEN DI GROUSS LEIT DAT ALLES AUS DER FËNSTER?



D'Équipe vum Romain Feiereisen geet zweemol d'Joer den Offall laanscht d'Staatsstroossen an der Rammericher Gemeng oprafen. Während der éischter Botz ëm Ouschteren, ass d'Équipe mat 9 Mann 3 Woche laang ënnerwee fir di 90 km Strooss propper ze kréien. D'Zuel vun hire gefëllten Tute klëmmt vu Joer zu Joer. Eng traureg Bilanz: iwwer di leschten 3 Wochen hunn si schonn 2 Tonnen Dreck opgeraf, souvill woren et der nach ni em dës Zäit...

**Wat gëtt am meeschten aus dem Auto erausgehäit?**

Alles wat Dir am Tankstell-Shop ze kafe kritt! Et fänkt mat de Béchsen un, Zigarette-Päck, Verpakunge vu Sandwichen, Glas- a Plastiksfläschen, Verpakunge vu Schokoriegelen,... Mir rafen och regelméisseg voll Kanner-Wëndelen a mat Urin gefëllte Fläschen op. Dat ass alles net wierklech appetitlech!

Am Alldag sammele mir och villes a wat illegal laanscht d'Stroossen oder op Parkingen ofgestallt gëtt: dat geet vun engem Grill, iwwer Pneuen, Brems-Scheiwen, Spillsaachen, bis zu enger Schlofkummer an enger Tut mat klenge Kazen! De Max huet awer och schonn eng Kéier richteg Gléck gehat an huet eng Goldmënz fonnt!

Mir rafen alles op wat am "Summerwee" plus 1 Meter läit. Dozou zielt dann z.B. och den Ufank vum Feld.

Am Summer ass et awer esou, dass mir wéinst dem Fauchage tardif net ëmmer gesinn, wat alles am Gras läit. Da kënnt et vir, dass den Offall mam Freischneider zerfetzt gëtt an a di vill kleng Stécker net méi kënnen opgeraf ginn. Een Deel vum Offall bléift sou an der Natur leien. Dat sinn sech vill Leit net bewosst.

**Firwat mengt Dir, dass ee Mënsch säin Offall einfach sou an d'Natur gehäit?**

Mir verstinn dat och net. Wa mir dee Knascht an der Natur gesinn, zweiwele mer um Verstand vun de Mënsche. Wou bleiwen d'Manéieren an de Respekt? Gehéiert et net zur Grond-Erzéiung säin Offall korrekt ze entsuergen?

Den Offall laanscht d'Stroossen deet nämlech net nëmmen der Natur wéi, mee och dem Steierzueler! Schlussendlech bezuele mir alleguer deier fir d'Oprafen!

**Wat ass äre Message un d'Lieser vun der Synergie?**

Geheit Dir doheem ären Dreck och einfach op äre Buedem oder aus ärem Fënster? Wëlle mer net alleguer eng propper Ëmwelt a manner Stéiere musse bezuelen?

**Wat sinn ärer Meenung no méiglech Usätz fir de Littering, also dësen Offall-Problem, unzegoen?**

Ee Pfandsystem aféieren, Pfand op Béchsen, Plastikfläschen an op all d'Glasfläschen! An natierlech bei de Schoulkanner mat der néideger Opklärung ufänken!



**Firwat geheien di grouss Leit hiren Dreck einfach an d'Natur?**

Zu Kietscht sinn d'Schoulkanner vum Cycle 3.2. am Mäerz mat hirem Schoulmeeschter Romain Kugener den Dreck laanscht d'Nationalstrooss tëschent Kietscht an dem Riesenhaff asammele gaang. Scho no enger knapper Stonn Oprafe woren hier Weenercher struppevoll.



***Firwat geheien di grouss Leit hiren Dreck einfach zur Fënster raus?***

***Dat ass richteg eekleg!***

***Mir wëllen an enger propperer Welt wunnen!***

***Drénken di grouss Leit wierklech den Alkohol aus all dëse Fläschen beim fueren? Ass dat net verbueden?***

***Sinn di grouss Leit déi dat maachen einfach nëmme liddereg oder einfach domm?***

... dës Froen a vill anerer hunn sech d'Schoulkanner gestallt.

*Mir soen all de Kanner an dem Här Kugener ee ganz décke MERCI fir hir super Initiative!*

Komm Spuer Mat

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL "DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu
www.klima.lu

## Ecole de musique du Canton de Redange

# PORTE OUVERTE

**PRESENTATION DES DIFFERENTS INSTRUMENTS PAR LES ENSEIGNANTS ET LES ELEVES DE L'ECOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE**

*Concerts par les ensembles de flûtes,*
*de saxophones,*
*de cuivres,*
*de clarinettes,*
*de cordes,*
*de percussion, …*
*dans les différentes salles de l'école*


## Samedi, le 20 mai 2017

A l'Ecole fondamentale
1, Allée des Tilleuls
**de 10h30 à 14h00**






- Présence de magasins de musique, de luthiers,…
- Possibilités d'essayer les différents instruments.
- Un service boissons et restauration sera assuré tout au long de la porte ouverte.
- Une navette avec le « Jhangeli » sera organisée entre l'école fondamentale et le parking en face du Lycée à partir de 10h00.



26.6.17

19h30

Biekerecher Millen

Scheier

Op eiser Internetsäit www.vunderatert.lu fannt Dir och 2 gutt Videoen iwwert des 2 aussergewéinlech Hären.

Fir z'evitéieren, dat de Sall "Scheier", nitt aus alle Néit platzt, a mir nach Zäit hätten ze reagéieren, wiere mir Iech dankbar, wann Dir Iech umelle géift:

Ingrid van der Kley
vunderatert@gmail.com
T 671 23 62 43 (16h-18h)

# KONFERENZ: MECHT MODERNT BROUT KRANK?

Modernt Brout: kee Goût, t'hält nitt laang, jo souguer Biobrout léist ze wënschen iwwreg... Firwat? Ëmmer méi Leit kloen iwwert Glutenintoleranz, de Marché vu glutefräi Liewensmëttel boomt.

**Muss dat sinn? Ginn et Alternativen?** Jo.

Kommt an d'Biekerecher Millen. D'Kooperativ Vun der Atert invitéiert op eng immens spannend Konferenz iwwert "gesond Brout" (a richteg lecker), gehale vun 2 passionéierte Fachmänner op deem Gebitt. Et soll motivéieren, Iech an eiser neier Aarbechtsgrupp anzeschreiwen, an de Projet "Brout Vun der Atert" an d'Realitéit ëmzesetzen! Zesummen ass et méiglech!



**Här François Kieffer vu Mutfert (L)**

Och am Biobrout huet hie kee Brout fonnt wat hien iwwerzeegt huet. Deemno huet hien ugefaangen, selwer al Zorte Weess unzeplanzen, ze muelen an ze baken. Eng Kompetenz!

A sengem Virtrag kréie mir e geneeën Abléck an d'Ubaumethoden an d'Prozeduren, esou wéi och an d'Industrie, a wéi se eis krank mécht.

**Här Marc Dewalque vu Malmedy (B)**

E gudde Bekannte vum Här Kieffer. Genéisst säi Virtrag iwwert de Sauerdeg. De Bäcker Dewalque ass e Pionéier am Baken an huet sech un d'Zäite vum XVIII Joerhonnert inspiréiert...

VUN DER ATERT SC

**VUN DER ATERT S.C**
vunderatert@gmail.com
www.vunderatert.lu
Find us on facebook

GEWÄSSERVERTRAG ATTERT I CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT

# BILAN VUN DE WAASSERDEEG

## BILAN DES JOURNÉES DE L'EAU



### 5. Kolloquium vun de lëtzebuerger Flosspartnerschaften den 22. Mäerz zu Useldeng

D'Duerchgängegkeet vun de Baachen ass ee vun de prioritären Themen vun der "Wasserrahmenrichtlinie" vun där all Gemeng betraff ass. Verschidde Bauwierker, déi an der Vergaangenheet opgeriicht goufen, behënneren nitt nëmmen d'Fësch bei der Migratioun, mee och anner Organismen déi am Floss liewen. Wann dann e Projet start, den déi Problemer nees behiewe soll, ginn et eng Jett Aspekter ze respektéieren, déi vun de verschidden Administratiounen virgeschriwwe sinn. Aus där Ursaach huet d'"Flosspartnerschaft Attert" dëst Joer een Kolloquium organiséiert, deen et erlaabt huet déi verschidde responsabel Partner vun de Flëss zesummenzebréngen, fir gemeinsam iwert déi bescht Prozedur ze schwätzen, fir Duerchgängegkeet vun eisen Baachen ze verbesseren. Nitt manner ewéi 59 Persounen, déi di verschidden Administratiounen a staatlech Organisme vertrieden, sinn deen Dag zesummekomm.

### 5ème colloque des contrats de rivières luxembourgeois le 22 mars à Useldange

*La libre circulation des cours d'eau est un des thèmes prioritaires de la Directive cadre sur l'eau, par laquelle chaque commune est concernée. Différents ouvrages, qui ont été mis en place pour une raison ou une autre dans le passé, représentent un obstacle à la migration des poissons et la circulation des différents organismes vivants de la rivière. Lorsqu'un projet de suppression d'un tel ouvrage démarre, il y a souvent un ensemble d'aspects à respecter, dictés par diverses administrations. C'est pour cette raison que le contrat de rivière de l'Attert a organisé cette année un colloque sur ce sujet qui a permis de rassembler les divers partenaires responsables de ces cours d'eau et ainsi de discuter ensemble de la meilleure procédure à suivre pour améliorer la libre circulation des cours d'eau. Avec 59 participants, les différentes administrations et organismes étatiques concernés par le sujet étaient bien représentés.*

**MAISON DE L'EAU DE L'ATTERT a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com



## Apéro-chantier: Reewaasserréckgewënnung, de 25. Mäerz zu Räichel

D'Réidener Waasserhaus, zesumme mam EnergieAtelier Réiden hunn och dëst Joer nees eng Visite organiséiert vun enger Reewaasserréckgewënnungsanlag zu Räichel. Mat vill Begeeschterung hunn hir Besëtzer d'Erfahrunge matgedeelt, erkläert firwat si sech derfir entscheet hunn, erzielt wéi de Chantier ofgelaf ass, wat dat Ganzt kascht huet a wat et hinne bréngt. No all deenen Explikatiounen hunn d'Organisateuren den Apero gestallt a vun den Haushäre gouf et Taart & Kuch. Hinnen nach eng Kéier ee grousse MERCI. 12 Visiteuren waren komm, dat beweist emol méi, dat d'Interessi un esou enger Installatioun klëmmt.

## Apéro-chantier: récupération de l'eau pluvial le 25 mars à Reichlange

*La Maison de l'eau en collaboration avec L'Energie atelier de Redange a organisé cette année encore une visite d'une installation de récupération d'eau de pluie dans le village de Reichlange. Les propriétaires ont expliqué avec beaucoup d'enthousiasme leur expérience avec cet aménagement, ce qui les a décidés à l'installer, comment le chantier s'est déroulé, le coût de l'installation ainsi que les avantages qu'elle apportaient. Après toutes ces explications, les organisateurs ont offert l'apéro agrémenté de tartes et gâteaux préparés par les propriétaires. A eux encore un grand merci. 12 personnes étaient présentes ce qui prouve, une fois de plus, l'intérêt que suscite une tel installation de récupération d'eau de pluie.*



## Waasserspektakel, den 13. Mäerz zu Attert

Den "Contrat de Rivière Moselle-Antenne de l'Attert" huet de Schüler aus de Klasse vum 4. bis 6. Schouljoer aus der Gemeng Attert (Belsch) invitéiert um Spektakel "L'eau rangée" deelzehuelen. De Guy Robert vum Theater Chakipesz huet esou 382 Kanner mat op de Wee vum Drénkwaasser geholl.

D'Geschicht ass einfach! E Mann ass dermat beschäftegt, um Enn vun engem Maart, seng Këschte mat Uebst a Geméis ze raumen. Dëst Uebst a Geméis ass schéin, immens schéin! Obwuel dat virdrun nitt de Fall war. Well wéi hien de Gaart vu sengem Bopa geierwt hat, hat hie séier festgestallt, dat et am Gaart u Waasser gefehlt hat. Dunn hat hie sech nees u säi Bopa erënnert, deen ëmmer vun engem Schatz geschwat hat, dee verstoppt war. Nodeems de Mann sech op d'Sich gemaacht huet, huet hien eng kleng Dierchen am Gaart fonnt, eng kleng Dierchen déi bei eng Quell gefouert huet, déi et der Vegetatioun erlaabt huet sech z'entwéckelen...

## Spectacle l'eau rangée le 13 mars à Attert

*Le Contrat de rivière Moselle-Antenne de l'Attert a proposé aux élèves de 4e-6e années des écoles communales d'Attert d'assister au spectacle "L'eau rangée". Guy Robert, du Chakipesz Théâtre a ainsi emmener les enfants sur le chemin de l'eau potable. Au total, 382 enfants ont assisté au spectacle.*

*L'histoire est simple! Un homme est occupé à ranger ses caisses de fruits et légumes, c'est la fin du marché. Ces fruits et légumes sont beaux, très beaux! Pourtant avant ils ne l'étaient pas. Quand il a hérité du jardin de son grand-père, ce monsieur s'est vite rendu compte qu'il manquait d'eau. Il s'est alors souvenu du trésor caché, dont lui avait parlé son ancêtre. Après avoir cherché, il a fini par découvrir une petite porte dans une butte du jardin, petite porte qui donne sur une source et qui permet à la végétation de bien se développer...*



## Vun der Gässmille bis bei d'Biisser Millen, de 25. Mäerz zu Colmer-Bierg

D'Waasserhaus hat zesumme mat der Ëmweltkommissioun vu Kolmer-Bierg a Biissen op eng geféiert Wanderung laanscht d'Atert invitéiert. D'Entdeckungsrees goung queesch duerch d'Gewan laanscht d'Atert, tëscht dem ale Standuert vun der Gässmillen an der Biisser Bannmillen. Et goufen interessant Ablécker an d'Geschicht wéi d'Mille genotzt goufen esou wéi och d'Entdeckung vun Iwwerreschter vun enger aler réimescher Villa.

## Entre les moulins "Gäss" et "Bissen", le 25 mars à Colmar-Berg

*La Maison de l'Eau en collaboration avec la Commission d'Environnement de Colmar-Berg et de Bissen, ont invité à une randonnée guidée au long de rivière Attert. C'était un voyage de découverte passant par les champs, longeant la rivière, ceci entre les deux moulins nommés "Gässmillen" et "Biisser Millen". On a pu y découvrir l'histoire des moulins de l'époque ainsi qu'un site de ruines d'une villa romaine.*

# AKTIVITÉITE VUM WAASSERHAUS
MEE-JULI 2017

# ACTIVITÉS DE LA MAISON DE L'EAU
MAI-JUILLET 2017

... OUNI PESTIZIDEN



## Apéro am Gaart
### Wéi kann een de Gaart ouni Pestiziden bewirtschaften?

3. Juni 2017

### Schweebech

Visite vun engem Permakultur-gaart zu Schweebech

**Treffpunkt:** Info bei der Aschreiwung

**10h-11h30**

**Sprooch:** Lu

**Obligatoresch Aschreiwung:**
Bis spéidstens den 30. Mee

**Kontakt:**
T +352 26 62 08 08
ou T +352 26 62 08 01
maison.eau@attert.com

**Käschten:** gratis

**Participant max.:**
15 Persounen

**Organisateur:** Kanton Réiden & Waasserhaus

17. Juni 2017

### Réiden

Visite vun engem Biogaart zu Réiden

**Treffpunkt:** Info bei der Aschreiwung

**10h-11h30**

**Sprooch:** Lu

**Obligatoresch Aschreiwung:**
Bis spéidstens den 13. Juni

**Kontakt:**
T +352 26 62 08 08
ou T +352 26 62 08 01
maison.eau@attert.com

**Käschten:** gratis

**Participant max.:**
15 Persounen

**Organisateur:** Kanton Réiden & Waasserhaus

1. Juli 2017

### Rëmmereg

Visite vun engem Gemein-schaftsgaart zu Rëmmereg (Préizerdaul)

**Treffpunkt:** Info bei der Aschreiwung

**10h-11h30**

**Sprooch:** Lu

**Obligatoresch Aschreiwung:**
Bis spéidstens den 27. Juni

**Kontakt:**
T +352 26 62 08 08
ou T +352 26 62 08 01
maison.eau@attert.com

**Käschten:** gratis

**Participant max.:**
15 Persounen

**Organisateur:** Kanton Réiden & Waasserhaus

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

**MAISON DE L'EAU DE L'ATTERT a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

# Kraiderwanderungen

20. Mee 2017

## De Genoss vu wëlle Kraider am Mee

Iwwert dem Spazéieren léiert Dir d'Avantage vun iessbare wëlle Kraider. Se gi gesammelt an uschléissend ginn dorauser keng kulinaresch Leckereien zoubereed.

**W.e.g nitt vergiesse matzebréngen:** Sammelkierfchen, Schéier, wiederfest Kleeder.

**Max. u Leit déi kënne matgoen:** 20

**Käschten:** 10 €, 0 € fir Kanner bis 12 Joer

**Auerzaït:** 9h30 - ca. 14h

**Sprooch:** LU

**Treffpunkt:** Useldeng; Ökologësche Parking an der Iewerlenger Strooss

**Organisateur:** Waasserhaus an d'Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Useldeng

**Umeldung erwënscht:** bis zum 17. Mai (T 23 63 00 51-26 oder tom.lehnert@useldeng.lu)

18. Juni 2017

## De Genoss vu wëlle Kraider am Juni

Iwwert dem Spazéieren léiert Dir d'Avantage vun iessbare wëlle Kraider. Se gi gesammelt an uschléissend ginn dorauser keng kulinaresch Leckereien zoubereed.

**W.e.g nitt vergiesse matzebréngen:** Sammelkierfchen, Schéier, wiederfest Kleeder.

**Max. u Leit déi kënne matgoen:** 20

**Käschten:** 10 €, 0 € fir Kanner bis 12 Joer

**Auerzaït:** 9h30 - ca. 14h

**Sprooch:** LU

**Treffpunkt:** Rëmmereg bei der Rochus-Kapell

**Organisateur:** Waasserhaus an Terra Préizerdaul

**Umeldung erwënscht:** bis zum 15. Juni (T 26620808 oder maison.eau@attert.com)

# Aktivitéite ronderem de Waassercyclus Activités autour du cycle de l'eau

12. Mee / 12 mai 2017 (20h)
Manukultura (Salle Cabaret) à 1, am Millenhaff à Useldange
Parking Écologique - rue d'Everlange

## Konferenz iwwert 20 Joer Recherche um Niveau vun der Hydrologie am Basseng vun der Atert

Konferenz mam Laurent Pfister (Luxembourg Institute of Science and Technology) baséiert um realiséierte Progrès, dank der Recherche um Niveau vum Verstoën vun de Mécanismen, déi zu Héichwaasser an Iwwerschwemmunge féieren. Et gëtt sech och beschäftegt mat der Approche vum Observéiere vum Reen, mam Datéieren vum Waasser, esou wéi och mat senger Funktioun an der qualitativer a quantitativer Gestioun vun de Waasserressourcen.

## Conférence sur 20 années de travaux de recherche en hydrologie dans le bassin de l'Attert

*Conférence par Laurent Pfister (Luxembourg Institute of Science and Technology) portant sur les progrès réalisés grâce à la recherche au niveau de la compréhension des mécanismes qui mènent aux crues et inondations. Les approches d'observation de la pluie, la datation de l'eau et son rôle dans la gestion qualitative et quantitative des ressources en eau sera également abordée.*

13. Mee / 13 mai 2017 (14h-17h)
Manukultura (Salle Kreativatelier) à 1, am Millenhaff à Useldange
Parking Écologique - rue d'Everlange

## Atelier Experimentéieren ronderëm de Waassercyclus

D'Hydrologie-Fuerscher vum Centre de Recherche List an d'Equipe vum Waasserhaus proposéieren lech e Nometten mat spillereche Mini-Atelieren fir d'ganz Famill. Wéi moosst een d'Waasser vun engem Floss? Iwwert wéi eng Weeër kënnt d'Reewaasser an de Waasserlaf? Wéi al ass d'Waasser an engem Floss? Wéi een Impakt huet de Mënsch op de Waassercyclus?

## Ateliers d'expérimentations sur le cycle de l'eau

*Les chercheurs en hydrologie du centre de recherche LIST et la Maison de l'Eau de l'Attert asbl vous proposent un après-midi de mini-ateliers ludiques pour toute la famille. Comment mesure-t-on la pluie? Comment mesurer le débit d'une rivière? Par quels chemins l'eau de pluie arrive dans le cours d'eau? Quel est l'âge de l'eau dans une rivière? Quel impact l'homme a-t-il sur le cycle de l'eau?*

# MANUKULTURA

## Décke Programm am Schied vun der Buerg Useldeng. Nei Zäiten fir eis al Gebaier am "Millenhaff"!

INFO

Hutt Dir eng flott Iddi oder een ausgefalenen Hobby? Rufft un:
Avez-vous des suggestions ou un loisir hors du commun? Veuillez contacter:

**GÉRARD ANZIA**
ganzia@chd.lu - T 691 23 63 00

**TOM LEHNERT**
tom.lehnert@useldeng.lu
T 23 63 00 51-26 (9h-12h / 14h-17h)

Fir weider Informatiounen oder Umeldunge kontaktéiert den:
Pour toutes informations ou réservations, veuillez contacter:

**TOM LEHNERT**
tom.lehnert@useldeng.lu
T 23 63 00 51-26
9h-12h / 14h-17h
www.useldeng.lu

USELDENG

BUERG USELDENG

Léif Bierger,

Et ass esouwäit! No klengen Renovatiounen ginn d'Dieren am Millenhaff nees nei fir Iech op.

Wou fréier de Gesank an d'Musek geprouft, an d'Pompjeeën geüübt hunn, ass elo Plaz geschaaft gi fir Kultur, Wëssensvermëttelung an Tourismus. D'Raimlechkeete sinn:

- **e Büro fir de regionalen "TOURISTINFO" vum Kanton Réiden a Mäerzeg**
- **e groussen "KreativATELIER", optimal fir praktesch Wëssensvermëttelung a kënschtlerescht Schaffen**
- **de Sall "TIT SCHROEDER", gëeegent fir: Ausstellungen, Liesungen a Formatiounen**
- **de Sall "CABARET" fir kleng Events: Virträg, Theater, Cabaret a Concerten**

Elo un Iech, léif Bierger, fir dës Raimlechkeete mat Liewen ze fëllen, als Gaascht oder als Organisateur.

De Buergermeeschter mam Schäffen- a Gemengerot

## MANUKULTURA

Vaste programme à l'ombre du château d'Useldange.
Une nouvelle ère pour nos vieux bâtiments au "Millenhaff"!

*Chers citoyens,*

*C'est parti! Après de petits travaux de rénovation, les portes du Millenhaff s'ouvrent enfin pour vous.*

*À l'époque, la chorale et la fanfare y répétaient et les pompiers s'y entraînaient, maintenant on met à disposition une place pour la culture, la transmission du savoir et pour le tourisme. Nos nouveaux locaux accueillent:*

- **le bureau régional "TOURISTINFO" pour le Canton de Redange et Mertzig**
- **"ATELIERCRÉATIF", optimal pour des travaux pratiques et artistiques**
- **"TIT SCHROEDER", la salle idéale pour: expositions, lectures et formations**
- **la salle "CABARET" pour petits événements: conférences, théâtre, cabaret et concerts**

*Dorénavant, chers citoyens, cela ne tient qu'à vous d'y ajouter de la vie, soit comme visiteur, soit comme organisateur d'évènements.*

*Le collège des bourgmestre et échevins avec son conseil communal*

XI FÊTE MÉDIÉVALE D'USELDANGE

# USELDENG AM MËTTELALTER

USELDENG

Syndicat Intercommunal "De Reidener Kanton"





La Compagnie AOUTA




ACUS VACUUM

## Mittelalterfest und -markt 11. Auflage **10. & 11. Juni 2017**

"Useldeng am Mëttelalter", ja das klingt interessant. Nun schon seit Jahren ist es eine Tradition. Anfang Juni treffen sich in Useldingen mittelalterbegeisterte Darsteller, Kaufleute und Ritterscharen um das Mittelalter über zwei Tage wieder aufleben zu lassen.

2017 findet die Veranstaltung zum 11. Mal statt. Und es wird bestimmt auch diesmal keine Langeweile aufkommen. Tausende Besucher tauchen in diese geheimnisvolle Zeit unserer Urahnen ein wobei die Zeitreise samstags ab 11:00 Uhr beginnt und bis sonntags 19:00 Uhr andauert, bis dann das normale Leben in das Dorf wieder einkehrt.

Man kann sich eigentlich keine bessere Kulisse für ein Mittelalterfest denken. Stolz ragt die Useldinger Burg über das Geschehen und Treiben, Dudelsäcke, Schalmeien, Zister und Trommeln ertönen von überall her. Gaukler, Hexen und andere düstere Gestalten treiben ihr Unwesen. Es duftet nach Essenzen, der Geruch vom Spanferkel, das über dem Feuer seine Runden dreht, lässt den Magen knurren. Hunger? Kein Problem: Abhilfe verschafft ein saftiger Ritterburger, ein paar leckere, süße Strauben oder "Tittelen". Dazu ein kühles Kellerbier, denn auch die alten Rittersleut wussten das Leben zu geniessen.

Vielfältige Händler preisen ihre Waren an, Kindergeschrei ertönt von der Wikingerschaukel her, ein vollbesetztes Karussell dreht seine Runden. Der Salzbader hat Hochkonjunktur. In seinem Zuber sitzen ein paar Unetwegte und geniessen dazu kühlen Gerstensaft aus steinernen Krügen.

Für den Nachwuchs gibt's Abwechslung zu Hauf: Töpfer-Atelier, Brettchenweben, Face-painting, Kupferschmiede, das Gänsespiel, Kerzenziehen, Mausroulette und vieles mehr. Das Angebot an Kinderaktivitäten ist überwältigend.

Summa sumarum: Mit viel Engagement haben die Organisatoren es verstanden wieder ein tolles Programm zusammenzustellen. In der Hoffnung, dass der liebe Wettergott ein Einsehen hat und gutes Wetter schickt, denn das ist auf jeden Fall eine Zusatzbedingung für ein gutes Gelingen.


**Useldingen im Mittelalter**

Samstags den 10. Juni
ab 11:00 Uhr
Sonntags den 11. Juni
von 10:00 bis 19:00 Uhr

**Eintritt:**
Erwachsene 5 Thaler
Gewandete 2 Thaler
Behinderte und Kinder bis 12 Jahre haben freien Eintritt

**WWW.USELDENGMEDIEVAL.LU**

Texte: Fernand Rossi



Albert Camus: Les Justes (Julien Becker)



De Kapitän Mullebutz a seng Séisswaassermatrousen (Jeanine Unsen)



E Living an Amerika (Bohumil Kostohryz)



Cuncordu e Tenore de Orosei (Cuncordu e Tenore de Orosei)



Omer Avital Quintet (Youri Lenquette)

# CUBE 521

## KULTUR ERLEBEN!

Der profilierte Gypsy-Jazzgitarrist **Wawau Adler** wird die Bühne am 28. April mit seiner Band (wie Weltklassemusiker Sandro Roy / Violine, Hono Winterstein / Rhythmusgitarre und Davide Petrocca / Bass) zum Swingen bringen. Der Meister des "Jazz Manouche" weist jährlich eine weltweite Konzert-Agenda auf und am 30. April werden die **Lehrbeauftragten der Musikschule aus Clervaux** im Rahmen des **Klenge Maarnicher Festival** mit einem anspruchsvollen Programm begeistern.

Am 12. Mai bietet das **Omer Avital Quintet** "Klassisch Modern Jazz" mit orientalisch-arabischen Elementen. Als multikultureller Musiker mit vielseitigen Einflüssen zählt Omer Avital seit über 20 Jahren zu den bekanntesten Größen der New Yorker Musik-Szene.

Am 20. Mai wird Albert Camus Theaterklassiker **Les Justes** in französischer Sprache in einer Inszenierung von Marja-Leena Junker mit Luc Schiltz und Brigitte Urhausen aufgeführt und das "Cube auf Räder" lädt am 21. Mai mit **Cuncordu e Tenore de Orosei**, einem der führenden Ensembles der traditionellen sardischen Vokalmusik, in die denkmalgeschützte Loretto-Kapelle nach Clervaux ein.

Der zauberhafte Klassiker "**Die kleine Hexe**" von Otfried Preußler über Freundschaft und Mut, begeistert die kleinsten Zuschauer ab 4 Jahren am 28. Mai.

Das Projekt **Birth of the Cool** entführt die Zuhörer am 1. Juni in das Abenteuer des Cool Jazz, einer Stilrichtung, die in den 1940er Jahren ihren Ursprung hat. Die einzelnen Solisten dieses Ensembles werden den "West Coast Jazz"- Stil mit Werken von Miles Davis, Gil Evans, Gerry Mulligan aufleben lassen.

"Um Enn vum 19. Joerhonnert kämpft eng Famill vu Mamer all Dag, wéi vill aner Famillen zu där Zäit, ëm d'Iwwerliewen. D'Zäite si schlecht zu Lëtzebuerg. De Papp huet keng Aarbecht méi an d'Famill fänkt un Honger ze leiden. De Papp decidéiert datt hien, mat senger Fra an den zwee Kanner, an Amerika auswanderen." Diesem immer noch aktuellen Thema widmet sich die musikalische Satire **E Living an Amerika** und wird am 16. und 17. Juni mit bekannten luxemburgischen Schauspielern wie Carlo Hartmann, Al Ginter, Elsa Rauchs, Raoul Schlechter, Monique Melsen und Michèle Turpel über die Bühne gehen. Die anspruchsvolle Musik verantwortet Georges Urwald.

Am ersten Juli- Wochenende feiert das Cube 521 seinen turbulenten **10. Geburtstag**!

Die **Amsterdam Klezmer Band**, eine der weltweit bekanntesten und wichtigsten Live-Bands der Klezmer- und Balkan-Szene, wird mit zwei furiosen Konzerten (30. Juni um 20.00 Uhr & 1. Juli um 19.45 Uhr) für Partystimmung sorgen. **Kapitän Mullebutz** wird die Kleinsten ab 4 Jahren, am 1. Juli mit seinen "Séisswaassermatrousen" auf eine musikalische Reise einladen. Das Mitmach-Konzert mit luxemburgischen Kinderliedern erzählt von den Abenteuern und vom Leben eines Kapitäns an Bord und die Berliner Pyromantiker entführen auf eine Reise voller Überraschungen. Zum Abschluss der Feierlichkeiten werden die Pyromantiker (anschließend an das Konzert der **Amsterdam Klezmer Band** am 1.Juli) mit einer schrägen Feuerwerk-Burleske begeistern!



Amsterdam Klezmer Band (AKB)

Informationen, Karten und das ganze Spielzeitprogramm finden Sie unter

**www.cube521.lu**


**T + 352 521 521**

ING SEO POST

**CUBE 521** I 1-3 Driicht I L-9764 Marnach I Luxembourg
info@cube521.lu I T +352 521 521



RIDO
SARL
Christiane
Ridoen
Storen
Raffrollos
Lambrequin
etc...
Telefonesche
Rendez-Vous
Och Owes a
Samschdes Moies.
30 Joër Erfahrung
Gratis Devis
Schneider Christiane
6, Batzent - L-8551 Näerden
: 23 620 847 - : 26 620 502
info@rido-christiane.lu
www.rido-christiane.lu
Berodung doheem - Konfektioun op d'Mooss

Cheminées • Poêles à bois et à pellets • Ramonage • Tubage
Walux
Bioenergy
5b Arelerstrooss - L-8523 Beckerich
Tél: +352 26 62 14 08 - Mobil: +352 621 27 85 16
walux@pt.lu
www.walux.lu
Beki
Energie fir d'Zukunft
ClimEEC
ECO • EXPERT • CLUSTER




Danzatelier
Miranda Welter
Raum fir Danz a Lieweskonscht
Begleitung beim körper-kreativen Erforschen und Dekodieren von Beschwerden – Professionnelle Mediation Persönliches Coaching – Tanz in Kursen & Performance
Schmerzen – Depression – Trauer – Ängste – Müdigkeit Abhängigkeiten – Sehstörungen – Energiemangel – Stress Frust – Krisen in Beziehungen privat und beruflich
ACCOMPAGNEMENT PSYCHO-CORPOREL CRÉATIF – VISIOTHÉRAPIE COACHING – MÉDIATION PROFESSIONNELLE – DANSE & SPECTACLE
5, Sëllerstrooss • L-8541 Kapweiler
Tel.: 23 63 80 66 • GSM: 691 638 066
info@danzatelier.lu • www.danzatelier.lu




NERDEN
CONSTRUCTIONS
NC
www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58
Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages

2017

# NUIT DU SPORT 20/05

* BEETEBUERG
* BETZDER
* BIEKERECH
* BIISSEN
* CLIÄRREF
* COLMER-BIERG
* CONTER
* DIDDELENG
* ESCH-UELZECHT
* FRÉISENG
* GRÉIWEMAACHER
* HESPER
* IECHTERNACH
* KÄERCH
* LËLZ (ESCH-SAUER)
* LËTZEBUERG
* MONNERECH
* MUNNEREF
* NIDDERAANWEN
* PÉITENG
* KIETSCHT
* RÉISER
* SCHENGEN
* STENGEFORT
* SUESSEM

**GRATIS ENTRÉE**
**WWW.NUITDUSPORT.LU**

Op Initiativ vun
Service National de la Jeunesse
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Am Kader vun
Gesond iessen Méi bewegen
Mediepartner
L'essentiel



# BIEKERECH



**17.00-21.00**

**Hall Sportif Beckerich**
**Jos Seyler Strooss**
**L-8522 Beckerich**

## INDOOR

- **17.00-21.00** **Arts Martiaux** (Subokai)
- **17.00-21.00** **Arts Martiaux** (Taekwondo Team Beckerich)
- **17.00-21.00** **Tennis de table** (Dëschtennis Biekerich)
- **17.00-21.00** **Airtramp** (Autisme Luxembourg et Ecole Beckerich)
- **17.00-21.00** **Slackline** (Slackline Academy Beckerich)

## OUTDOOR

- **17.00-21.00** **Sprangschlass et Jeux de Quilles** (Elteren Gemeng Biekerech)
- **17.00-21.00** **Beachvolley** (Volleyball Club Biekerich)
- **17.00-21.00** **Baseball** (Hedgehogs Beckerich)
- **17.00-21.00** **Rallye** (L.G.S – Lëtzebuerger Guiden a Scouten)
- **17.00-21.00** **Jeux divers** (Jugendpompjeeën)

**Terrain Omnisport**

- **17.00-21.00** **Torwandschiessen** (F.C Biekerech)

**Apportez chaussures et vêtements adaptés**

**Restauration sur place: Oldtimerfrënn Biekerech /**
**Démonstrations: Jugendpompjeeën, Taekwondo Team Beckerich, Subokai /**
**Concert: Fanfare Concordia Beckerich**

**Organiséiert vun**

GEMENG BIEKERECH

Jugend- a Sportkommissioun Gemeng Biekerech

**Partner**

# AGENDA

## ABRËLL

### 29.4 au 21.5

Moulin de Beckerich
Millegalerie

**Exposition de Peintures "Kaléidoscope"**

De Bernadette Snyers
accessible du mercredi au jeudi de 16h à 19
et du vendredi au dimanche de 14h à 19h



## MEE




### 6.5

8h-14h
Préizerdaul
Parking virun der Fabrik

**Blummen- a Planzemaart**

Grouss Auswiel un Blummen, Kräider,
Buedem a Gaardeplanzen.
Kaffisstuff a Gedrénks am Bistro.
Org. Terra Préizerdaul
terra.preizerdaul@gmail.com

### 7.5

11h-19h
Kolmer-Bierg
Centre Culturel

**Wäindégustatioun mam Art diVin**

Org.: Harmonie Orania Colmer-Berg

### 8.5

Moulin de Beckerich
Millenatelier

**Ateliers déco-relooking de meubles et d'objets**

Avec Betty Bourgeois
Tous les lundis soir de 19h à 22h
et/ou le mardi après-midi de 13h à 16h
À partir du 24 avril jusqu'au 27 juin
(pas de cours pendant les vacances scolaires)
Prix: 35 € par cours de 3h (matériel compris)
Inscriptions et infos:
B. Bourgeois
T +352 621/243473
bourgeoi@pt.lu
I. Bernard / Asbl d'Millen
T +352 691 510 372
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

### 13., 20. & 27.5

8-12h
Réiden - Op der Schock

**Verkaf Summerplanzen**

Org.: Op der Schock

### 16.5-9.6

Moulin de Beckerich
Millegalerie

**Collages et sculptures**

De Germaine Hoffmann et Michel Feinen
Exposition accessible du mercredi au jeudi
de 16h à 19h et du vendredi au dimanche
de 14h à 18h

### 17.5

20h
Moulin de Beckerich
Salle Scheier

**Wann et näischt notzt, da schuet et och näischt!**

D'Geschicht vun der Medezin zu Lëtzebuerg
vum Mëttelalter bis an dat 19. Joerhonnert
mam Guy Schons
A sengem kulturgeschichtleche Virtrag erzielt
de Guy Schons, wéi d'Leit fréier mat Gesondheet
a Krankheet ëmgaange sinn a wat fir Praktike
bei der Preventioun respektiv der Heelung bei
Mënsch an Déier verbreet woren.
Entrée: 10 €
De Virtrag gëtt op Lëtzebuergesch gehalen.
Eng Umeldung ass erfuerdert:
I. Bernard / Asbl d'Millen
T +352 691 510 372
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

### 20.5

19h30
Kolmer-Bierg
Centre Culturel

**Fréijoersconcert**

Leedung vum Jugendgrupp: Tom Braquet
Leedung: Maxim Volgin
Org.: Harmonie Orania Colmer-Berg

### 20.5

20h
Gréiwels
Centre Nei Brasilien

**Gala Concert "Weste(r)n"**

Mam Notorious
Bandleader Pierre Rongvaux
Org.: Wahler an d'Groussbusser Musik
Entrée: 5 € (gratis bis 12 Joer)




### 24.5

Centre Camille Ney Ell

**Oldies Night (70's 80's)**

Org.: SC Ell

MAILT EIS ÄR MANIFESTATIOUNEN

(Juli bis September 2017)
fir de gratis Agenda eran
op info@artandwise.lu.

Art&Wise hëlt sech d'Recht eng
Préselectioun ze maachen op
Basis vun der Plaz déi iwwreg
bleift.

## JUNI

### 1.6
20h
Moulin de Beckerich
Salle Scheier

**Jeudi au moulin „L'empereur Charles IV“**

Avec Corinne Kohl
Entrée libre et gratuite
Conférence en français

### 5.6
Préizerdaul - Op der Fabrik

**Bëtschelsfest op Päischtméindig**

De ganze Mëtteg: Grill, Danzmusek, Geesse-nausstellung a Verkaf vu regionale Produkte vun der Gees

### 5.6
10h
Rëmmerech - Rochuskapell

**60. Pèlerinage vun de Bäcker, Patissieren a Mëller**

12h30 Op der Fabrik: Ausstellung an Dokumentatioun iwwert d'Bäckerausbildung

### 10.6
9-13h
Réiden - Op der Schock

**Verkaf Blummen fir Mammendag**

Org.: ODS

### 17.6
Biekerech - Centre Culturel

**Hüttegaudi**

E super Partyowend mam bescht bekannte DJ AL
Org.: Fanfare Concordia Beckerich

### 18.6
8-13h
Ell - Centre Camille Ney

**20e Randonnée ”Lucien Didier“**

Le grand rdv de tous les cylistes!
5 parcours au choix
Org.: www.scell.lu

## JULI

### 2.7
14h30
Chapelle de Kahlenberg
Beckerich

**A la découverte des sons du KOTATAMA à la chapelle du KAHLENBERG**

Avec Solange Guégan
La chapelle de KAHLENBERG est un lieu sacré, construite à un endroit énergétique-ment puissant. Ancien lieu de guérison, sous un aspect modeste, elle est l'endroit idéal pour vous inviter à découvrir les sons du KOTATAMA (mots âmes).
Départ prévu à 14h30
devant l'église de Beckerich
Entrée libre et gratuite.
Explications données en français.
Inscription souhaitée .
Infos:
I. Bernard / Asbl d'Millen
T +352 691 510 372
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

### 15.7
17h
Kolmer-Bierg - Park

**Béiergaart**

Mat "Colmer Strëpp" an "Les Brasseurs"
Org.: Harmonie Orania Colmar-Berg


N
GESONDBAUEN.lu
Nerden & Fils sàrl
Entreprise de construction
Beckerich Tél. 23 62 14 93 www.gesondbauen.lu
Habitations I Bâtiments commerciaux I Façades
Transformations I Aménagements extérieurs
Enduits traditionnels & argiles I Isolations écologiques
Chapes & Carrelages I Promotions immobilières
ClimEEC ECO • EXPERT • CLUSTER





SCHWEECHERDAULER
FLOUMAART
nieft der Ielwener Schoul!
Parking vis-à-vis bei der Kierch.
All 2. Sonnden am Mount
14.05 - 11.06 - 09.07
vun 10h00 bis 18h00


GLÉCKSMOMENT
PRIVATE HEALTH INSURANCE SINCE 1981
Only DKV.
Only you.
YOUR N°1
Fir méi onbeschwéiert Glécks-momenter. D'DKV Luxembourg ass däi staarke Partner fir all Froe ronderëm d'Gesondheet, an déi perfekt privat Kranke-versécherung.
Well s du dir méi wäert bass: dkv.lu
DKV Luxembourg
membre du Groupe lalux


DEPUIS 1999
CHARPENTE - COUVERTURE - FERBLANTERIE
INTER TOITURE
CONSTRUCTION • AGRANDISSEMENT • RÉNOVATION
CHARPENTE • COUVERTURE • FERBLANTERIE • ZINGUERIE • BARDAGE • MAISON EN BOIS
Zone d'activité Solupla Redange • Tél.: 26 88 00 90 • intertoiture@pt.lu • www.intertoiture.lu

Retouches Ginette s.à r.l.

# MEEga Affairen!

## Elo de ganze Mount Mee bei Retouches Ginette!

- 20% um Schaffgezei op STOCK
- 10% op all NEI Commande vu Schaffgezei

Bliedert lech duerch eis Online Kataloge vu Bragard, BP, Gréiff, Leiber & Tranemo!

Retouches Ginette
67, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 88 08 69

www.retouches-ginette.lu

Mir huelen och Beki!

**Ëffnungszäiten**


| | |
|---|---|
| Méindeg | 13h30 - 18h |
| Dënschdes-Freideg | 8h30 - 12h |
| | 13h30 - 18h |
| Samschdeg | 8h30 - 12h |

Find us on facebook




# Ze gewannen 10 Kaddosbongen* am Wäert vu 50 €/Beki!

* valabel op net soldéierten Artikelen




COMMANDE
BRAGARD
TRANEMO
REDANGE
SCHAFFGEZEI
STRECKWOLL
EMBITZEN
PATCHWORK
WORKSHOP
GINETTE

Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées.Renvoyez le coupon de participation avant le **31 juin 2017** par courrier ou par fax 23 62 43-29. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi les bonnes réponses reçues et sera avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition d'juillet.

# RESULTAT

VUM MOT MYSTÈRE AUS DEM SYNERGIE 40

**Pletgen Paule** - Ospern
**Braun Sharon** - Hovelange
**Meis Nicolas** - Beckerich
**Thilmany Sandy** - Bigonville
**Pilici Kristina** - Colmar-Berg
**Boltz Anninck** - Beckerich
**Stockreiser Cheryl** - Hostert
**Mersch Louise** - Redange
**Schmit Céline** - Ospern
**Bastin-Weber Danielle** - Nagem

gewannen
**1 Kaddosbong vu 50 €**

Notre passion vous va si bien! passion'elle

## MOT MYSTÈRE - COUPON-RÉPONSE

| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | H | | |

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité

Email

Tél.

**SYNERGIE**
p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich

Retouches Ginette — **SYNERGIE**



Mir sichen zouverlässeg a kompetent Mataarbechter, déi sech an engem klenge Kader wuelfillen.

## › 1 qualifizéierten an diploméierten Comptable/Fiscaliste

{ m/w - Vollzäitbeschäftegung }

## › 1 qualifizéierten an diploméierten Comptable

Mir hunn de Privileg eng laangjäreg gutt Clientèle ze hunn a mir schaffen an enger flotter Atmosphär direkt um Land. Bei eis steet de Mënsch am Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeungen, mir engagéieren eis fir eng gutt a respektvoll Zesummenaarbecht a suergen fir eng bestänneg Weiderbildung fir d'Qualitéit vun eiser Aarbecht héich ze halen.

Duerfir brauche mir Mënschen, déi mat Häerz a Séil derbäi sinn, déi sech engagéieren, selbstänneg sinn an den Ëmgang mam Client gären hunn.

### ÄRE PROFIL KANN EWÉI HEI BESCHRIWWEN AUSGESINN:

*Dir*

- schafft zënter e puer Joer an enger lëtzebuerger Fiduciaire
- kennt déi lëtzebuerger Steiergesetzgebung an déi national an europäesch TVA
- sidd gutt iwwert Gesellschaftsrecht informéiert a gewinnt dran ze schaffen
- hutt eng gutt Logik an eng gutt Portioun Virwëtz an der Analyse
- huelt gären Initiativen a scheit Iech nit Är Meenung ze soen
- beherrscht déi gängeg Comptabilitéitsprogrammen esou ewéi Excel, Word, asw.
- schwätzt Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch

Dann zéckt nit a léiert eis kennen, schéckt ons Äre komplette Liewenslaf mat enger Foto vun Iech, mir freeën eis a behandelen Är Daten mat Diskretioun. Wann Dir Froen hutt oder eis einfach wëllt besiche kommen, da kennt Dir gären e Rendez-vous mat der Madame Bernard Brigitte ofmaachen.


Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

t + 352 23 62 33-1 • f + 352 23 62 33-29
fiin@pt.lu • fiduciaire-interregionale.lu

14, Haaptstrooss • L-8720 Rippweiler





